# De Louis



## De Schierener Buet

No 13 • Mai 2004

# Titelfoto

**Den ale Festsall vun hannen fotograféiert vum Kiirchtuerm erof.**

**Ganz rechts gesäit een den hëlzenen Tuerm wou d'Pompjeesschläich gedrëchent goufen.**


## Redaktioun an Zesummensetzung

Guy BERWICK, Mil GOERENS, Jos NERANCIC, Camille PLETSCHETTE, André SCHMIT

**Entworf vum Deckel**

Camille SCHAUL

**Fir d'Fotoen soen mir villmols Merci dem:**

Josiane GILLEN, Gust GOERENS, Raymond HESS, Jos LUTGEN, Jos NERANCIC, Camille PLETSCHETTE, Luc SCHUMACHER, Carlo THILL, Romy ZIMMER

**Drock**

saint-paul luxembourg

**Oplo**

580

**Präiss**

Eenzelnummer 3 €, Abonnement 12 €



De Schäfferot iwerhëllt d'Responsabilitéit vun den Artikelen.



**e-mail: de.louis@gmx.net**



De Schierener Buet

No 13 • Mai 2004


# An dëser Nummer


Extrait au registre des délibérations du conseil communal de SCHIEREN ........ 1
Commission Culturelle et des Festivités ........ 9
Historesch Vereedegung zu Schieren ........ 9
Grossreinemachen in Schieren ........ 12
Encore faudrait-il savoir s'il... ........ 13
Tennislehrgang des TC SCHIEREN in Kroatien ........ 13
Schierener Musék Galaconcert 2004 ........ 16
Burgbrennen und Einweihung des neuen MTW bei der Feuerwehr Schieren ........ 17
Éischt-Mee-Feier ........ 20
Gaart an Heem Schieren ........ 21
BBC Black Frogs Schieren ........ 21
30. Generalversammlung der Amiperas Schieren ........ 22
Schieren am digitalen Zäitalter ........ 24
Turnveräin Schieren ASBL ........ 27
A wat ass an der Por gelaf? ........ 28
Sportsdag 2004 ........ 30
Den ale Festsall ........ 31
Chorale CAECILIA ........ 34
Primärschoul Schieren • Schouljoer 2003/2004 ........ 35
Al Schoulklassen ........ 37
Planze vun engem Nëssert fir eis Neigebuere vum Joer 2003 an Enthüllung vun enger Erënnerungsplack ........ 40
Theaterfrënn Schieren ........ 41
Les Prestations du Fonds National de Solidarité ........ 41
Warum es Ende Februar im Kalender eine Schaltung gibt – päpstliches Jahrtausendwerk ........ 42
Schierener Maifestationskalenner fir Mai-September 2004 ........ 44

# EXTRAIT AU REGISTRE DES DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

**Séance publique du:** ........................................ **19.12.2003**

## Présents:

*MM Jos LUTGEN, bourgmestre – Jos ZEIMES, André SCHMIT échevins – Antoine NICKELS, Mme Juliette KEMP-WEBER, Marc SCHMITZ, Camille PLETSCHETTE, Patrick BERWICK et Jean MONS, conseillers – Camille SCHAUL, secrétaire communal.*

## Décision de principe: Adhésion au syndicat intercommunal de distribution d'eau des Ardennes (DEA)

Aus engem Rapport vum Waasserwirtschaftsamt geet erfir, datt eis Quellen op laang Siicht nët méi déi Quantitéiten u Waasser kënne liwweren, wéi mir si bei eis an der Gemeng brauchen. Desweideren ass ze fäerten, datt d'Qualitéit vun eisem Drénkwaasser lues a lues ofhëllt. Duerfir huet de Gemengerot eestëmmeg beschloss sech dem Waassersyndikat DEA unzeschléissen, fir eisen Haushalt ze sëcheren. Eis Produktiounsunitéiten an der Montée de Nommern an am Kräizbierg bleiwen awer nach weider bestoen.

Etant donné qu'il résulte d'une étude d'évaluation du service de la gestion d'eau auprès du Ministère de l'Intérieur qu'il est fortement conseillé de mettre les captages de source actuels hors service à court terme, le conseil communal de Schieren a décidé d'adhérer au syndicat de distribution d'eaux des Ardennes (DEA). En effet il n'est pas garanti que les captages actuellement en service vont permettre à moyen et à long terme de produire la quantité suffisante et en plus d'une bonne qualité d'eau potable.



## Décision de principe: vente par adjudication publique de la propriété communale sise à Schieren, rte de Luxembourg 70

De Konsell beschléisst mat 8 Stëmme géint 1 (Mme Juliette Kemp-Weber) un enger Decisioun vum November 2002 festzehalen, an di fréier Schreinerei Nickels, déi 2002 an eise Besëtz komm war, duerch öffentlich Stee ze veräusseren.

Le conseil communal décide avec 8 voix contre 1 (Mme Juliette Kemp-Weber) de maintenir sa décision de l'an 2002 aux termes de laquelle il a été décidé de vendre l'immeuble artisanal et d'habitation par adjudication publique.



## Demandes de subsides diverses

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg folgend finanziell Hëllefen ze accordéieren:

Le conseil communal décide unanimement d'accorder les subsides suivants aux associations dénommées ci-après:

| ASSOCIATION | CAUSE | MONTANT |
|---|---|---|
| Letzebuerger Jugendpompjeeën | Camp national à Ettelbruck | 200 EUR |
| Fédération Cantonale Pompiers | Financement caisse cantonale | 200 EUR |
| Denkfabrik Nordstad | Projets relatifs à la circulation | 0,2 EUR/ habitant |

## Aménagement d'une aire de jeux, type mini-stade sur le site de l'école primaire de Schieren

De Konsell stellt eestëmmeg ee Kredit vun 200.000 Euro zur Verfügung fir e Mini-Sadion bei der Schoul anzeriichten. Dëse Spill-a Sportsterrain gëtt mat kënstlichem Wues ausgeluecht an huet de Virdeel, datt d'Schoulkanner och a Reenzäiten an hire Pausen op ee verstännigen Terrain kënnen zréckgräifen. De Projet gëtt op deem bestoende klenge Fussballterrain realiséiert.

Il est décidé de prévoir un crédit de 200.000 euros au budget extraordinaire de l'année 2004 pour la construction et l'aménagement d'un terrain de jeux avec surface sportive synthétique sur le site de l'école primaire de Schieren. Le nouveau terrain remplacera le terrain de football actuellement en place.

## Extension de l'aire aux columbariums au cimetière de Schieren

Estëmmeg beschléisst de Gemengerot d'Kolumbarien um Kierfecht vu Schieren ze erweideren. Tatsächlich ass an deene lesch-

te Joren ëmmer méi Gebrauch vun der Feierbestattung gemaach ginn, sou datt eis aktuelle Strukture mussen ausgebaut ginn. Am Budget fanne mir dofir e Kredit vun 30.000 Euro, mat deenen direkt een neien an d'Préparatioune fir ee weidere Kolumbarium gemaach kënne ginn.

Afin d'étendre l'aire réservée au cimetière de Schieren pour l'emplacement des columbariums, le conseil communal vote un crédit de 30.000 euros pour le budget de 2004. De telles installations peuvent contenir les urnes des dépouilles mortelles incinérées pour huit familles.

## Réaménagement du terrain d'entraînement du football-club de Schieren

Am Laaf vun 2003 hat de Gemengerot sech drëm beméit fir en Terrain-Tosch ënnert der Bunn ze erreeche fir éischtens de Wee op den Terrain auszebauen a virun allem den Trainingsterrain fir de Fussballveräin vu Schieren ze verbreederen. De Schefferot hat een Devis vum Büro B.E.S.T. fir die néideg Plange ausschaffe gelooss. Et war dem Gemengerot proposéiert ginn den Trainingsterrain nët no dem Standard-Modell mat enger Spillfläch aus Wues auszebauen (Ausgab: 380.000 Euro), mee mat engem neie Verfahren dat sech Grass-Master nennt, an dat souzesoen en hallef synthetischen Terrain ass. De Supplément fir dës Variant beleeft sech laut dem Büro d'Etudes op 230.000 Euro. Nodeems de Konsell sech géint dës Variant ausgeschwat hat ass de ganze Projet aus der Budgets-Virlag gestrach ginn.

En 2003, le conseil communal avait acquis les fonds nécessaires à l'élargissement du terrain d'entraînement du football-club de Schieren. Dans la suite, le collège échevinal avait chargé le bureau d'études B.E.S.T. d'élaborer un projet afférent. Il a été proposé au conseil communal de réaménager le terrain en question en le pourvoyant d'une surface sportive semi-synthétique du type grass-master. Le supplément à payer pour cette variante a été estimé à 230.000 euros. Après que le conseil communal avait rejeté cette variante (MM. Berwick, Nickels, Pletschette, Schmitz, Mme Kemp-Weber), le projet a été supprimé intégralement de la proposition budgétaire.



## Etudes à faire dans l'intérêt des réseaux de canalisation et de distribution d'eau

De Konsell huet eestëmmeg beschloss fir en Audit iwwert eist Kanalnetz an eis Waasserversuergung an Optrag ze gin. Am Beräich vun der Waasserproduktioun ass dës Etude quasi schon direkt ofgeschloss, well di Schierener Gemeng un de Waassersyndikat vun der DEA waert uschléissen. Et bleiwt awer ze préiwen a wéi wäit eist Ortsnetz nach aktuell ass, a wou den Hiewel muss ugesat gi fir weiderhin eng optimal Verdeelung vum Drénkwaasser ze garantéieren. Äehnlich huet ët sëch mam Kanalnetz. Verschidde Schwaachstellen an eisem Réseau sinn opgedeckt ginn an an der Perspektiv vu verschiddenen zoukënftige Bautätigkeeten am Duerf muss festgestallt ginn a wéi wäit eist Netz ausbaufähig ass. Doriwwer eraus wäerten dës Etuden den zoukënftigen Promoteuren als Cahier de charge ënnerbreet ginn.

Afin de détecter les points faibles techniques de notre réseau de distribution d'eau potable et de notre réseau de canalisation, le conseil communal a décidé de faire élaborer des études d'évaluation afférentes. En effet, une nette croissance du niveau de population est à prévoir à court et moyen terme de sorte qu'il y a lieu d'ores et déjà de dresser de programmes d'entretien et/ou d'extension des réseaux. Ces études seront soumises en forme de cahiers de charges aux promoteurs immobiliers.

## Renouvellement du chauffage en église paroissiale de Schieren

Mat 8 Stëmme bei enger Enthalung (M.André Schmit) gett de Konsell säi prinzipiellen Accord fir d'Kierchenheizung nei ze maachen. Et ass effektiv esou, datt die momentan elektrisch Heizung guer nët méi hiren Ufuerderungen nokënnt. De Gemengerot huet sech awer nach nët definitiv op di technisch Variant festgeluecht. D'Etuden sollen ergin wéi ee Modell vun Heizung am Beschte fir eis Kierch ass.

Etant donné que le chauffage électrique de l'église paroissiale de Schieren affiche de plus en plus de défaillances techniques, le collège échevinal avait chargé un bureau d'études pour dresser un programme des réfections et, le cas échéant le renouvellement du système entier. Le conseil communal (avec l'abstention de l'échevin André Schmit) donne son accord de principe aux travaux et se réserve le droit de déterminer la variante technique ultérieurement.

## Devis relatifs aux travaux de voirie rurale communale à exécuter en 2004

D'Ackerbauverwaltung huet di eenzel Devisen fir Stroossenaarbichten am Exercice 2004 opgestallt. Mat enger Géigestëmm (M.André Schmit) sinn folgend Devisen genehmegt ginn:

Le conseil communal approuve avec 8 voix contre 1(M.André Schmit) les devis relatifs aux travaux de voirie communale pour l'an 2004:

10.000 EUR Colmar-Pont

25.000 EUR Entretiens divers à la voirie rurale

26.000 EUR Schlaed-Gebrannte Boesch-Laangert



## Indemnités revenant aux membres des commissions consultatives communales

Mat 6 Géigestëmmen (MM. Berwick, Mons, Nickels, Pletschette, Schmitz et Mme Kemp-Weber) as eng Propose vum Schefferot fir d'Ofschafe vun den Indemnitéite vun de Kommissiounsmembere verworf ginn.

Une proposition du collège échevinal tendant à abolir les jetons de présence des membres des commissions consultatives a été rejetée par 6 voix (MM. Berwick, Mons, Nickels, Pletschette, Schmitz et Mme Kemp-Weber) contre 3

## Participation des parents d'élèves dans la fourniture de livres scolaires

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg fir d'Elteren un der Uschafung vun de Schoulbicher ze bedeelegen. D'Héicht vun dëser finanzieller Partizipatioun gëtt an enger weiderer Sitzung festgesat.

Afin de parer partiellement les dépenses toujours croissantes pour la fourniture de livres scolaires, le conseil communal décide unanimement d'introduire une participation particulière des parents d'élèves dans ces frais. Le taux de cette participation fera l'objet d'une séance ultérieure.

## Participation des parents d'élèves dans les aides aux devoirs à domicile.

De Gemengerot beschléisst mat enger Géigestëmm (Mme Kemp-Weber) fir d'Elteren un dem Service vun der Hausaufgabenhëllef ze bedeelegen. D'Héicht vun dëser finanzieller Partizipatioun gëtt an enger weiderer Sitzung festgesat.

Le conseil communal décide avec 8 voix contre une (Mme Kemp-Weber) d'introduire une participation des parents dans le service communal des aides aux devoirs à domicile.

## Emprunt à financer les divers travaux d'investissement

Fir di zoukënftig Investissementer kënnen ze tätigen freet de Gemengerot eestëmmeg en Emprunt vun 1.000.000 EURO beim Innenministère un.

L'accord pour un emprunt sur 1.000.000 euros pour couvrir les futurs travaux d'investissement est sollicité unanimement auprès de Ministère de l'Intérieur

## Budget rectifié 2003 – budget 2004

Nodeems de Gemengerot d'Geleënheet hat fir iwwert di eenzel Budgets-Positiounen ze diskutéieren, ass den Haushalt mat enger Géigestëmm (M.Antoine Nickels) geméiss folgendem Tableau arrêtéiert ginn:

Après avoir discuté toutes les positions de la proposition budgétaire, le conseil communal arrête avec huit voix contre une (M.Antoine Nickels) le budget 2004 aux tableaux récapitulatifx suivant:

| Budget rectifié 2003 | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| total recettes | 2.997.947,67 € | 423.484,38 € |
| total dépenses | 2.712.045,62 € | 1.106.552,33 € |
| Boni du compte précédent | 427.623,48 € | |
| résultat final | 30.457,58 € | |

| Budget 2004 | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| total recettes | 2.954.643,36 € | 2.252.534,00 € |
| total dépenses | 2.785.469,00 € | 2.130.814,54 € |
| Boni du compte précédent | 30.457,58 € | |
| résultat final | 321.351,40 € | |

| | 2003 RECTIF | 2004 INITIAL |
|---|---|---|
| fonds agrandissement terrain FC et chemin vers. | 12 282,04 | |
| actes: terrains implantation hall sports | 22 750,00 | |
| Développement d'une page Internet | – | 12 500,00 |
| Parc mairie | | 4 000,00 |
| Camionnette MTW pour service incendie | 756,91 | 32 043,09 |
| matériel pompiers | 3 600,00 | |
| Mini stade école | | 200 000,00 |
| Remise en état cour de récréation école primaire | 22 597,23 | |
| Enseignement préscolaire -annexe -lot 1 | | 350 000,00 |
| sentier didactique derrière eglise | 4 455,69 | |
| Mise en place diverses mesures protection de nature | 8 000,00 | |
| Mur de soutènement cimetière de Schieren | | 11 984,75 |
| Extension de l'aire aux columbariums au cimetière de Schieren | | 30 000,00 |
| Etudes réseau canal | 35 000,00 | |
| apport en capital SIDEN | 18 979,68 | 17 853,73 |
| Sources – mesures de protection | | 10 000,00 |
| Prolongation du réseau de conduite d'eau aux 3 fermes | 185 920,00 | |
| Conduite d'eau: études sur fonctionnement | | 25 000,00 |
| Raccordement au réseau de distribution d'eau DEA (lot1) | | 375 000,00 |
| Centre culturel – études | 16 800,00 | 50 000,00 |

| | 2003 RECTIF | 2004 INITIAL |
|---|---|---|
| Remplacement de l'éclairage du terrain de football | | 4 978,69 |
| Infrastructures terrains de tennis | 58 363,27 | 56 549,28 |
| Renouvellement des pare-ballons au terrain de football à Schieren | 5 705,20 | 5 850,00 |
| Remise en état terrain d'entraînement football club | 8 224,23 | |
| Hall des Sports Chaufferie | 7 000,00 | |
| Eglise nouveau chauffage | | 175 000,00 |
| Eglise: Travaux de rénovation et de stabilisation | 2 098,17 | 67 000,00 |
| Liaison de gaz naturel Kreuzberg – rue du X Septembre | 26 000,00 | |
| Chemin pédestre longeant l'Alzette | | 30 000,00 |
| Elargissement rue de la Gare | 36 400,00 | 81 350,00 |
| Chemin forestier Langert | – | 34 705,00 |
| Infrastructures Rue de la Gare lot 5 de voirie rurale | 107 800,00 | |
| Infrastructures Rue du x Septembre/neie Wee | 73 369,03 | |
| Infrastructures Rue du chemin de Fer | 167 000,00 | 63 000,00 |
| Infrastructures Rue Kreuzberg | 275 000,00 | |
| Infrastructures Rue de la Gare lot 4 de voirie vicinale | | 446 000,00 |
| Eclairage des passages pour piétons | 39 504,88 | |
| Renouvellement chauffage atelier Rue du moulin | | 7 000,00 |
| container service régies | | 6 000,00 |
| Acquisition toupie -service travaux | 3 946,00 | |
| | **1 106 552,33** | **2 130 814,54** |

## Office Social: Budget rectifié 2003 — budget 2004

De Gemengerot hält eestëmmeg den ugepassten Haushalt vun 2003 an den Budget vun 2004 geméiss dem ënneschten Tableau fest.

Le conseil communal décide unanimement d'arrêter le budget rectifié 2003 et le budget 2004 conformément au tableau suivant.

| | Rectifié 2003 | Budget 2004 |
|---|---|---|
| **recettes** | 31.220,00 | 34.925,00 |
| **dépenses** | 30.502,00 | 35.870,00 |
| **Report ex.précédent** | 2.456,64 | 3.174,64 |
| **Résultat** | **3.174,64** | **2.229,64** |

# EXTRAIT AU REGISTRE DES DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

**Séance publique du:** ........ **12.02.2004**

## Présents:

MM Jos LUTGEN, bourgmestre – Jos ZEIMES, André SCHMIT échevins – Antoine NICKELS, Mme Juliette KEMP-WEBER, Marc SCHMITZ, Camille PLETSCHETTE, Patrick BERWICK et Jean MONS, conseillers – Camille SCHAUL, secrétaire communal.

## Approbation de décomptes de travaux: Voirie rurale – éducation précoce

Den Gemengerot arrêtéiert eestëmmeg folgend Ofschlëss vun aussergewéinlichen Aarbechten: Feldweeaarbechten fir den Wee a Richtung Fussballterrain: 35.119,56 Euro (Subsid 9.000 EUR) an dem Embau vum Haus Putz fir de Bedarf vun der Education Précoce: 854.649,13 EURO. Die eigentlech Embauaarbechten belafen sech op 629.916,10 EURO. De Gesamtsubsid as mat 354.039 EURO festgesat.

A l'unanimité des voix les décomptes de travaux extraordinaires sont arrêtés: 35.119,56 EUR et la transformation de la maison Putz en locaux pour l'éducation précoce: 854.649,13 EUR, dont le montant de 629.916,10 EUR pour les travaux seuls (Subside 354.039 EUR)



## Fixation du prix de l'eau potable

Di lescht Upassung vun eisem Waasserpräis datéiert aus dem Joer 1994. Bedingt duerch verschidden nei Dispoitiounen vum Waasserschutz as d'Gemeng gehalen permanent a modernst hygienisch an technisch Installatiounen ze investéieren. Duerfir klëmmt eisen Gestehungspräis op 1,28 Euro pro m³. De Gemengerot beschléisst eestëmmeg folgend nei Tariffer ab dem 01.07.2004:

La dernière adaptation du prix de l'eau potable a été faite en 1994. Depuis lors de nouvelles disposions légales en la matière nous ont forcé d'installer des systèmes de protection hydrauliques et hygièniques très performants. Tous ces investissements se reflètent dans le prix de revient de l'eau qui est monté à 1,28 EUR. Les nouveaux taris à partir du 01.07.2004:

| libellé | Prix hors TVA en EUR | TVA 3 % en EUR | Prix TVA comprise en EUR |
|---|---|---|---|
| le prix de l'eau potable par m³ mesuré pour tous les consommateurs raccordés au réseau de distribution de la commune de Schieren | 1,15 | 0,0345 | 1,18 |
| Tarif de location annuelle pour des compteurs d'eau de 3-5 m³ en capacité | 10,00 | 0,30 | 10,30 |
| redevance forfaitaire unique pour les nouvelles constructions pour l'eau utilisée mais non enregistrée par un compteur-maisons unifamiliales | 50,00 | 1,50 | 51,50 |
| redevance forfaitaire unique pour les nouvelles constructions pour l'eau utilisée mais non enregistrée par un compteur-résidences par unité de logement | 25,00 | 0,75 | 25,75 |

## Fixation de la redevance annuelle sur les chiens

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg d'Honds-Taxe vun 24.79 EUR pro Hond pro Joer op 50,00 EUR ze héigen.

La taxe annuelle sur les chiens est porté de 24.79 à 50,00 EUR

## Participations particulières dans les frais d'acquisition de livres scolaires

Esou wéi de Gemengerot et an sénger Budgets-Sitzung festgeluecht hat, as eng Bedeelegung vun den Elteren un de Schoulbicher agefouert ginn. Bis elo waren all d'Schoulbicher vun der Gemeng gratis zur Verfügung gestallt ginn. Mat engem jeeërleche Beitrag vun 30,00 EUR pro Kand pro Joer get versicht en Deel vun eise Késchten, déi ëmmerhin 14.000 EUR pro Joer ausmaachen, auszegläichen. Et as dat eng Mesure, déi an anere Gemengen schons zanter Joeren funktionnéiert, an laanscht déi eis Gemeng nëmmen ganz schwéier kënnt, wann et heescht verschidden nei Spuerreflexer auszebilden.

Tout comme il y été décidé en séance budgétaire, le conseil communal fixe le taux de participation dans la fourniture de livres scolaires à 30,00 EUR par enfant par année scolaire. Ainsi une partie de la dépense afférente se chiffrant à 14.000 EUR par an pourra être compensée. Cette mesure a déjà fait preuve dans les communes limitrophes depuis des années.

## Participations particulières dans les cours d'aide aux devoirs à domicile

Eng weider Austeritéits-Mesure aus der Budgets-Sitzung war d'Aféieren vun enger Partizipatioun vun den Elteren un dem Zerwiss vun den Hausaufgabenhëllefen. Dës zousätzlich Aktivitéit huet d'Gemeng sech iwwer den normalen Schoulbetrieb eraus operluecht fir verschiddene Schüler d'Méiglechkeet ze ginn sech besser op hir Schoul virzebereeden. Am Joer 2003 huet dësen Zerwiss eis ronn 8.000 Euro kascht. De Gemengerot beschléisst duerfir eng Eltere-Bedeeligung vun 1,50 EUR pro Kand pro Stonn vum Schouljoer 2004/05 un. Och an dësem Fall geet eis Gemeng e Wee, deen op anere Gemengen Usus as, an deen de Gemengen vum Ministère un d'Herz geluecht get fir di eegen Zerwisser besser ofzedecken.

Une autre mesure d'austérité a été introduite en séance budgétaire avec la participation des parents d'élèves dans le service communal des aides aux devoirs à domicile. La dépense annuelle pour ce service est actuellement de 8.000 EUR. Avec une participation de 1,50 EUR par enfant par heure, partie de cette dépense sera compensée. Il s'agit d'une mesure financière chaleureusement recommandée par les services compétents du Ministère de l'Intérieur.

## Fixation des tarifs relatifs aux autorisations de construire

Di lescht Fixatioun vun den Taxen fir d'Ausstellen vun Baugenehmigungen läit schon 12 Joer zréck. Et handelt sech dobai ausschléisslech em di administrativ Beaarbichtungsgebühren, déi beim Ausstellen vu Baugenehmegungen fällig ginn. Am Tableau ënnendrun kënnt Dir di nei Tariffer erausliesen:

Etant donné que la dernière adaptation des tarifs pour autorisations de construire date de l'année 1992, le conseil communal arrête unanimement les taxes suivantes:

| **libellé** | **Nouveau tarif** | Ancien tarif |
|---|---|---|
| LOTISSEMENT – BASE | **100,00** | 49,58 |
| LOTISSEMENT + PAR PLACE | **10,00** | 2,48 |
| MAISON UNIFAMILIALE | **50,00** | 12,39 |
| RESIDENCE PAR UNITE LOGEMENT | **50,00** | 12,39 |
| COMMERCE PAR UNITE DE COMMERCE | **50,00** | 12,39 |
| HANGAR / GARAGE | **25,00** | 6,20 |
| TRANSFORMATIONS INTERIEURES | **25,00** | 6,20 |
| TOUTE AUTRE AUTORISATION | **25,00** | 6,20 |
| EQUIPEMENT COLLECTIF PAR UNITE LOGEMENT | **800,00** | 800,00 |
| CAUTION / METRE COURANT FRONT | **75,00** | 37,18 |

## Fixation des tarifs relatifs à la location de salles communales

De Gemengerot huet och beschloss nei Tariffer fir d'Benotzung vun de Festsäll festzeleeën. Während d'Taxen fir d'Locatioun nëmmen gering ugepasst gin, sin awer d'Kautiounen wesentlich méi héi ugesat. Dës soll deen eenzelne Benotzer hir Moral beim Botzen vun de Säll stäipen.

De nouveaux tarifs pour la location des salles communales ont été définies. Il s'agit particulièrement des nouveaux tarifs de cautionnement pour la mise à disposition des clés respectivement de la cuisine.

## Arrêté des tarifs pour l'utilisation des salles communales conformément aux tableaux suivants:

| ASSOCIATIONS LOCALES | | rte de Luxembourg | rue du Moulin | rue de l'Abattoir cave | rue de l'Abattoir étage |
|---|---|---|---|---|---|
| manifestations culturelles | avec perception de droits d'entrée | 50,00 | 50,00 | | |
| | sans perception de droits d'entrée | gratuit | gratuit | | |
| autres manifestations-bals | avec perception de droits d'entrée | 50,00 | | 50,00 | 50,00 |
| | sans perception de droits d'entrée | gratuit | | | |
| organisations diverses | ventes diverses,bazar,marché.. | gratuit | gratuit | | |
| organisations de bienfaisance | | gratuit | gratuit | | |
| expositions | | gratuit | gratuit | | |
| soirées théâtrales | | gratuit | gratuit | | |
| **caution clés** | **50,00** | | | | |
| **caution cuisine** | **200,00** | | | | |

| ASSOCIATIONS NON-LOCALES | | rte de Luxembourg | rue du Moulin | rue de l'Abattoir cave | rue de l'Abattoir étage |
|---|---|---|---|---|---|
| organisations de bienfaisance | | gratuit | gratuit | | |
| expositions | | gratuit | gratuit | | |
| assemblées | | gratuit | gratuit | | |
| **caution clés** | **50,00** | | | | |

| PARTICULIERS RESIDANT A SCHIEREN | | rte de Luxembourg | rue du Moulin | rue de l'Abattoir cave | rue de l'Abattoir étage |
|---|---|---|---|---|---|
| baptême | avec ou sans cuisine | | 150,00 | | |
| mariage – apéritif | avec ou sans cuisine | | 150,00 | | |
| mariage-dîner | avec ou sans cuisine | | 150,00 | | |
| conveniat | avec ou sans cuisine | | 150,00 | | |
| anniversaire | avec ou sans cuisine | | 150,00 | 75,00 | |
| exposition avec vente d'objets d'art | tarif par jour | | 75,00 | | |
| **caution générale** | **200,00** | | | | |

## Fixation des tarifs relatifs à la confection des fosses au cimetière de Schieren

Och eis Tariffer fir d'Griewer sin net méi zanter 1983 ugepasst gin. Duerfir beschléisst de Gemengerot eng Majoratioun vun deenen eenzelnen Tariffer geméiss nofolgendem Tableau:

Depuis l'année 1993, les taraifs pour la confection de fosses au cimetière de Schieren n'ont plus changé. Afin d'adapter les prix au niveau général des prix il a été décidé unanimement de majorer les taxes existantes comme suit:

| **Libellé** | **Nouveaux tarifs** | Ancien tarif |
|---|---|---|
| INHUMATION CAVEAU | 150,00 | 128,90 |
| INHUMATION FOSSE 1,20 m | 175,00 | 171,05 |
| INHUMATION FOSSE 1,70 m | 250,00 | 213,19 |
| INHUMATION FOSSE 2,20 m | 300,00 | 257,81 |
| MISE EN TERRE D'UNE URNE | 100,00 | – |
| MORGUE – UTILISATION | 25,00 | 12,39 |
| CONCESSION CASE COLUMBARIUM | 275,00 | 247,89 |

### Avis et accord de principe: Développement du projet d'aménagement particulier «Kreuzberg» à Schieren

Nodeems den Lotissements-Projet Baumeister um Kräizbierg no de Regelen vum 37er-Gesetz ofgeseent war huet de Promoteur missten feststellen, dass en Deel vun séngem Projet op Gemengenterrain geplangt war. Dat kënnt dohier, dass d'Kadasterverwaltung net méi am Virfeld vun engem projet ausmoosse kënnt, mee réischt wann d'Lotissement vum Minister genehmigt as. Et handelt sech em den Terrain laanscht d'Montée de Nommern vun enger Fläch vun 1,81 Ar. De Konsell war der Meenung dass d'Gemeng näischt vun hirem patrimoine sollt ewechginn, a wëll dës Strëpp onbedéngt behalen. Well dann den ursprünglichen Projet net kann exékutéiert ginn, muss de Promoteur eng Modifikatioun vu sengem genehmegten Lotissement ufroen.

Le projet d'aménagement particulier présenté par la s.a. Baumeister pour des fonds au lieu-dit Kreuzberg a été approuvé en 2003. Attendu que les services du cadastre ont constaté par après que les fonds concernés appartiennent en partie à la commune de Schieren, le promoteur a demandé au conseil communal de céder les parcelles indispensables à la réalisation du projet initial. Le conseil communal a décidé unanimement de garder la languette de terrain longeant la Montée de Nommern en patrimoine communal et de prier le promoteur d'introduire une demande de modification de projet d'aménagement particulier portant notamment sur les premiers lots du projet.

# EXTRAIT AU REGISTRE DES DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

**Séance publique du:** .................... **31.03.2004**

### Présents:

*MM Jos LUTGEN, bourgmestre – Jos ZEIMES, André SCHMIT échevins – Antoine NICKELS, Mme Juliette KEMP-WEBER, Marc SCHMITZ, Camille PLETSCHETTE, Patrick BERWICK et Jean MONS, conseillers – Camille SCHAUL, secrétaire communal.*

### Annexe à l'organisation scolaire 2003/2004: Création d'une assistance en classe de la deuxième année d'études

Als Annex zur Schoulorganisatioun 2003/2004 beschléisst de Gemengerot eng zousätzlich Assistance en Classe fir dat zweet Schouljoer. Uganks vun Joer war virgesin, dass die zwou Klassen vum 2.Schouljoer an den expressive Fächer (Bastelen-Konscht-Turnen) zesummen vun enger eenziger Léierin betreit ginn. Et hat sech awer am Laf vun der Zäit erausgestallt, dass déi Iddi ganz schwéier mat deenen ëmmerhin 26 Kanner ëmzesetze wir. Op Uroden vum Schoulinspekter as d'Madame Neu-Weber Tin vu Schieren op dësen neie Posten affektéiert ginn. An hirem Aufgabeberäich steet haaptsächlich eng Surveillance vun engem Grupp Kanner.

En annexe à l'organisation scolaire 2003/04, le conseil communal a mis en place une assistance en classe de la deuxième année d'études. En effet, depuis le début de l'année scolaire, les élèves de deux classes ont été regroupés pour l'enseignement des branches expressives. Il s'est avéré par la suite que cette mesure est très difficile à réaliser sur vu le nombre élevé de 26 enfants dans l'effectif de classe. Madame Neu Weber Tin de Schieren a été affectée au poste nouvellement créé jusqu'à la fin de l'année scolaire en cours.

### Avancement en carrière du technicien communal

Esou wéi et am Gehälter-Gesetz vun den Gemengefunktionären festgeschriwwen as, mussen déi Beamten, déi am Cadre ouvert sin eng Partie Cours'en an der Formation Continue maachen fir an de Genoss vum Cadre fermé ze kommen. Den Gemengentechniker Luc Schumacher huet säin Avancement an den Grad 8 gefrot. Dësen Avancement as mat 8 Stëmmen géint 1 (Nickels Antoine) zréckgestallt gin.

En application des dispositions réglant le statut et le traitement des fonctionnaires communaux, le technicien communal avait introduit en bonne et due forme sa demande d'avancement au grade suivant de sa carrière actuelle. La promotion a été retardée avec 8 voix contre 1 (M:Antoine Nickels)

### Avant-projet sommaire: Agrandissement des structures de l'éducation préscolaire à Schieren

Den Architekt Henri Jonas hat en avant-projet sommaire iwwert den Ausbau vun eisem Préscolaire opgestallt. Dësen Avant-projet as schon vum Edukatiounsministère nogekuckt gin a beleeft sech an enger éischter Berechnung op ronn 940.000 EUR. De Projet begräift: den Ausbau vun deene 2 Klassesäll, en zousätzliche Klassesall, en Gemeinschaftsraum fir Eltereberodung, Sproochunterricht, psychologisch Betreiung. De Sanitär get ganz nei gemaach, an et kënnt eng edukativ Kichen an en Copy-Raum derbäi. Dësen ambitiéisen Projet soll eis zoukënftig Besoinen am Spillschoulberäich ofdecken, aert an weideren Phasen eis Primärschoul neigestallt soll gin. Mat den Géigenstëmmen vun Patrick Berwick an Juliette Kemp-Weber a mat der Enthalung vun Marc Schmitz as dësen Projet op den Instanzewee geschéckt gin.

L'agrandissement de l'école préscolaire de Schieren a été discuté en son principe par le conseil communal. A base de la discussion figurait un avant-projet sommaire au montant total arrondi de 940.000 EUR. Le projet comprend, outre la création d'une troisième salle de classe, l'aménagement de nouveaux sanitaires, d'une cuisine éducative et d'une salle commune destinée à recevoir les cours d'appui, les séances du psychologue scolaire ou bien la consultation des parents. En plus, les deux salles de classe existantes seront agrandies. Après ces extensions, le conseil communal pourra se pencher sur l'extension des structures de l'enseignement primaire. L'avant-projet sommaire de l'architecte Henri Jonas a été approuvée par 6 voix contre deux (M.Berwick et Mme Kemp-Weber) et avec l'abstention de M. Marc Schmitz.



## Approbation: convention de crédit relative au fonds de roulement de la caisse communale

Am Budget 2004 war en Emprunt vun 1.740.000 Euro ageschriwwen, deen bis elo nach nit finaliséiert as. Fir der Gemengekeess awer genuch Handlungsraum ze loossen huet de Gemengerot eestëmmeg beschloss ee Kredit um compte courant bei der Dexia an Héicht vun 250.000 EUR opzehuelen.

Afin de disposer de moyens financiers suffisants pour la gestion ordinaire de la caisse communale, le conseil communal a signé unanimement un crédit en compte courant de 250.000 EUR. Cette mesure est utile dans l'attente de l'autorisation définitive de recours à l'emprunt.

## Aménagement: reclassement des fonds sis à Schieren «In der Wieschen» de la Zone d'aménagement différé en zone d'aménagement particulier

De Gemengerot huet sech mat enger Demande vun der Sociétéit Geoplan befaasst fir eng Partie Terrainen aus der Baureservezon an eng bebaubar Zon zréckzeklasséieren. Et handelt sech konkret ëm en Gesamt-Areal vun 4,80 Hektar begrenzt vum neie Wee, der Montée de Nommern an der Autobunn. An engem zoukënftige Lotissement sollen dann nach iwwer 2 Hektar derbäi kommen, sou dass eis Gemengenstrukturen an den nächsten Joeren uerg waerten strapazéiert ginn. Den Gemengerot war eestëmmeg mam Reklassement d'accord, behält sech awer d'Recht vir, fir an engem projet d'aménagement particulier iwwert de Wee vun Conventiounen mam Promoteur de Schrëtt-Tempo vun der Entwécklung ze bestëmmen, an d'Gemeng virun enger ze schneller Entwécklung ze schützen. Wéinst indirektem Intérêt huet de Konselljee Marc Schmitz sech aus der Diskussioun an aus dem Vote erausgehal

En réponse à la demande de la société Geoplan le conseil communal a décidé unanimement de reclasser des fonds d'une superficie totale de 4,80 ha de la zone de réserve en zone d'aménagement particulier. Cette superficie est délimitée par la Rue Neuve, la Montée de Nommern et la voie de contournement. Attendu qu'il est prévu que dans un futur aménagement particulier vont s'ajouter encore 2 ha, les structures communales vont être mises à rude épreuve dans les années à venir. Afin de parer à un développement urbanistique trop vite et trop intense, le conseil communal s'est réservé le droit d'imposer un phasage étroit aux promoteurs. Le conseiller Marc Schmitz s'est retiré des discussions et du vote pour cause d'intérêt indirect.

## Avis: Réalisation d'un centre régional pour jeunes de la Nordstad à Diekirch

*D'Gemeng Dikrech wellt um Site vun der aler Seerei e regionalen Jugend-Zentrum ariichten. Eng éischt sommär Késchten-Opstellung schwätzt vun enger Ausgab vun 2.45 Milliou[n] Euro. Wann d'Gemeng Dikrech nach selwer géng 1.09 Milliounen droen, missten d'Randgemengen Ettelbréck, Bettenduerf, Ierpeldeng a Schieren nach fir 1.354.000 Euro opkommen, dat am Verhältnis zu hirer Awunnerzuel. De Konsell as net ofgeneigt matzemaachen bei daer Nordstad-Iddi, behällt sech awer en Asproch-Recht vir am Fall wou di spéider Finanz-an Notzungspläng der Schierener Gemeng keng Satisfaktioun génge gin..*

La ville de Diekirch a proposé aux commune limitrophes d'aménager un centre régional pour jeunes sur le site de l'ancienne scierie à Diekirch. Le coût de ce projet est estimé à 2,45 millions d'euros. Déduction faite d'une participation directe de la commune de Diekirch et sur vue d'une promesse de subside par l'Etat sur 70% de la dépense, les communes limitrophes devraient supporter un total de 1.345.000 euros à prorata du nombre de leurs populations. Le conseil communal a donné son accord de principe tout en se réservant le droit de veto ultérieur sur vue d'un plan de gestion et d'un plan financier détaillé.

## Avis: Nouvelle concession de pharmacie pour le canton de Diekirch

Den Gesondheetsminister huet d'Gemengen aus dem Kanton Dikrech ugeschriwwen fir hiren Avis ze ginn zu enger neier Apdikt. Well dës nei Konzessioun wuel am Kanton, awer net an de Gemengen Ettelbréck oder Dikrech soll wouer ginn, huet de Konsell proposéiert den Terrain an de Gemengen Bettenduerf oder Reisduerf ze sondéieren. D'Bierger vu Schieren kënnen doriwwer eraus och nach vun der neier Kolmer Apdikt profitéieren.

Le conseil communal a donné son avis favorable à la demande du Ministère de la Santé quant à la création d'une concession de pharmacie au canton de Diekirch. Comme les villes de Diekirch et de Ettelbruck disposent d'assez de ces services, et comme les citoyens de Schieren peuvent en plus recourir à la pharmacie de Colmar, Il a été proposé d'accorder une concession de pharmacie pour les communes situées au-delà de la commune de Diekirch.

## Verschiddenes – divers

De Gemengerot hëllt d'Statuten vum Baseball entgéint ouni hinnen awer Satisfaktioun ze ginn op d'Urecht vun engem neie Spillfeld.

Le conseil communal dépose les statuts du Baseball Club «Schieren Cowboys» sans pour autant leur donner l'accord pour la mise à disposition d'une aire de jeux.

# COMMISSION CULTURELLE ET DES FESTIVITÉS

Die Kultur und Festkommission ist eine der Kommissionen die man erst dann vermissen würde wenn sie nicht mehr existieren würde.

Ihre zahlreichen Tätigkeiten werden oft nur beiläufig wahrgenommen. Dabei sind sie vielfältig und für den reibungslosen Ablauf der Organisation von Festlichkeiten wichtig.

Dass die Aufgaben sich aber nicht nur auf das Überreichen von Blumensträußen und die Aufstellung des Festkalenders beschränken, beweisen zahlreiche Konzerte, Leseabende und Ausstellungen von Künstlern die auf Initiative der Kommission zu Stande kamen.

Gemäss uns vorliegenden Dokumenten geht die Gründung auf das Jahr 1976 zurück.

Damals war nur von „Festkommission" die Rede. Im Gemeinderat vom 23.1.1986 wurde erstmals die wohlklingendere Bezeichnung „Commission Culturelle et des Festivités" verwendet. Dieser Name trägt ihrem tatsächlichen Aufgabenbereich auch besser Rechnung.

Die Statuten wurden erst in der Gemeinderatssitzung vom 19.12.1978 genehmigt. Seit ihrer Gründung gab es insgesamt nur 3 Präsidenten was ein Zeichen von Stabilität ist.

Es waren dies:

1. Jean Eippers (1976-1985)
2. Edy Schenten (1986-1993)
3. Raymond Hess (1993- )

Zum jetzigen Zeitpunkt setzt sich der, vom Gemeinderat gewählte, Vorstand aus dem Vorsitzenden Raymond Hess, Frau Suzette Bartholmé –Monti und den Herren Nico Hilger, Claude Feidert und André Schmit zusammen. Gemäss Statuten müssten es eigentlich 7 Mitglieder sein.

Kandidaten sind jederzeit willkommen; also bitte melden!

Dass die Mitarbeit der Vereine in früheren Jahren manchmal zu wünschen ließ beweist folgender Auszug aus einem Rundschreiben eines Präsidenten an die Vereine:

„Votre réaction en réponse à notre circulaire laisse un peu à désirer, comme de coutume aussi."

Heute ist dies alles anders oder etwa doch nicht!

Zu bemerken ist noch, dass bis Ende der 90 Jahre die Kommission über ein eigenes Subsid verfügte. Heute werden die Ausgaben direkt von der Gemeindekasse bezahlt.

# HISTORESCH VEREEDEGUNG ZU SCHIEREN

D'Vereedegung vun der 141. Session e Mëttwoch, den 10. März, geet an d'Annalen vun der Lëtzebuerger Arméi an der Europäischer Union an. Ennert de 86 Zaldoten woren 17 Nët-Lëtzebuerger derbäi an zwar ee Fransous, véier Italiéner an zweelef Portugiesen.

Wéinst dëser Première huet sech och déi ganz Prominenz afonnt an dorënner zielen ë.a. de Premierminister Jean-Claude Juncker, de Verdeedegungsminister Charel Goerens, den italieneschen a portugiesische Verdeedegungsminister Antonio Martino a Paulo Portas, de franséische Generol Jean-Claude Malbec, de franséische Ambassadeur Pierre Garrigue-Guyonnaud an de Chamberpräsident Jean Spautz.

Dëss Vereedegung huet déi ganz national an och international Press ugezunn. Dorënner wor een Team vum ZDF (Studio Bréissel) an ee Kamerateam vum RTP aus Portugal. Dëst Journalistenteam wor déi éischte Kéier hei zu Lëtzebuerg an huet hire Verdeedegungsminister op senger Visite begleed.

Déi folgend Fotoën dokumentéieren dëss historesch Vereedegung.








SCHIEREN












18:21
LOCAUX VISIT.





# GROSSREINEMACHEN IN SCHIEREN





Am 20. März stand wieder mal die schon traditionelle „Beschbotz“ auf dem Programm.

Wie jedes Jahr waren die Dorfvereine dem Aufruf der Gemeinde gefolgt um gemeinsam den Unrat, den gewissenlose Mitbürger aus dem Auto oder Lieferwagen entsorgen, wieder aufzulesen.

Der Jugendclub Schieren hatte sich dabei wohl die grösste Arbeit aufgehalst, da sie entlang der Strasse von Schieren nach Stegen Unmengen an Bierflaschen, Bierdosen oder Zigarettenschachteln einsammelten.

Dass auch die Strasse durch die Industriezone unterhalb der Bahngleise sich zu einem tagtäglichen Schleichweg nach Ettelbrück entwickelt hat, und dadurch viel befahren wird, konnten wir auch feststellen. In der Zeit die wir das letzte Mal gebraucht hatten um auch noch entlang der Alzette nach dem Rechten zu sehen, schafften wir diesmal nur den Teil der Strasse vom Bahnübergang bis zum Haus Nols.

Auch die Zustände längs der anderen Strassen und Feldwege lassen darauf schliessen, dass wir uns in Luxemburg mehr und mehr dem unrühmlichen Standard der an den französischen Strassen herrscht, nähern.

Stärker waren diesmal die Schulkinder vertreten da sowohl die 5. als auch die 6. Schulklasse sich aktiv an der Putzaktion beteiligten .

Ich bin sicher, dass das oftmalige Bücken den einen oder anderen in Zukunft davon abhalten würde alles nur in der Natur zu entsorgen.

Es stellt sich die Frage warum nicht mehr Leute sich einen Morgen dafür hergeben die Natur wieder etwas ansehnlicher zu gestalten. Vielleicht sollte der Aufruf der Gemeinde sich nicht nur an die Vorstandsmitglieder der einzelnen Vereine richten, sondern die gesamte Einwohnerschaft ansprechen.

Abschliessend bleibt festzuhalten dass das Wetter einigermassen hielt, die Umweltkommission sich um das Einteilen der Wegstrecken gekümmert hat, die freiwillige Feuerwehr den gesammelten Unrat auflas und die Amiperas sich vorzüglich um das leibliche Wohl der Sammler kümmerte.

*Guy Berwick*

# ENCORE FAUDRAIT-IL SAVOIR S'IL S'AGIT...




Photo: R. Hess

a) de la nouvelle voiture du bourgmestre honoraire
b) de sa voiture secondaire
c) de sa prochaine voiture de service

# TENNISLEHRGANG DES TC SCHIEREN IN KROATIEN

Vom 02.-10. April 2004 hatte der T.C. Schieren seine Mitglieder auf ihren Tennisausflug eingeladen, welcher dieses Jahr nach Novigrad an die Südwestküste Istriens führte.

Der Start verzögerte sich leider um eine Stunde, da die Uhren in Colmar-Berg anscheinend noch auf Winterzeit standen, dann aber verlief unsere Fahrt durch Deutschland, Österreich, Slowenien bis nach Kroatien reibungslos.



In Novigrad angekommen wurde die Hotelanlage samt Außeninstallationen begutachtet. Novigrad, das kleine Fischerstädtchen, ehemaliger Ort der römischen Siedlung Emonia liegt 15km nördlich von Porec. Enge Gassen, antike Kulturdenkmäler, alte Hausfassaden und teilweise gut erhaltene Stadtmauern erinnern an eine stürmische Vergangenheit der malerischen Küstenlandschaft mit ihren gastfreundlichen Einwohnern.

Kurz vor dem Abendessen trafen wir uns im Foyer wo Präsident Germain Schmit die mitgereisten Tennislehrer, Thomas und Johannes von der Tennisschule Jacoby vorstellte und Claude Goerens welcher sich für die Organisation verantwortlich zeigte, den Spielplan verteilte.

Trainiert wurde in sieben Gruppen welche nach der jeweiligen Spielstärke zusammen gesetzt waren. Geschont wurde niemand. Nicht einmal das Veteranen–Team "All Stars", welches wie die Trainer im nachhinein bestätigten, immer in Topform auflief und stets vor vollen Zuschauerrängen spielte. Spanferkel und Grappa fördern anscheinend die Leistung ernorm.

Am Mittwoch stand ein Tagesausflug nach Porec und Rovinj auf dem Programm. Dank der außerordentlichen Natur, der Schönheit der Kulturdenkmäler, aber auch dank fünfzig jähriger Investitionen ist diese ganze Gegend zur Vorzeigegegend des kroatischen Tourismus geworden. Einige Mitglieder nutzten die Gelegenheit Venedig zu besuchen, welches von Porec aus mit dem Schnellboot zu erreichen ist.

Das Tennis-Camp in Kroatien wird wohl allen Teilnehmern in guter Erinnerung bleiben und so mancher fragt sich schon heute wo die Reise in zwei Jahren hingehen soll!

*Carlo Thill*






outfitter.de


L'ART DE VOYAGER






outfitter.de


outfitter.de


outfitter.de



# SCHIERENER MUSÉK GALACONCERT 2004



Traditiounsgeméis hat d´Schirener Musék um drëtte Sonndeg Januar op de Galaconcert 2004 an d´Sportshal agelueden. Als Thema haten d´Musikantinnen an d´Musikanten dëst Joer Brasilien ausgewielt.

Viru ronn 800 Leit huet ënnert der Direktioun vum Blaise Stélandre pénktlech em 17 Auer mat „Carnaval de Brasil" de Gala 2004 ugefaangen. Als weider Stécker stongen „Lutun Impressions", „La Playas de Rio", „Mas que Nada", „Hot Latin", „El Cumbachero", ee Stéck wou d´Musikanten och hier gesanglech Qualitéiten konnten ënner Beweis stellen. Ënnert de Kläng vu „Sunday in Rio" wossten déi brong gebrannten Dänzerinnen an Dänzer vum d´ Danzgrupp „Sam Brasil" mat schmassescher Rhytmik de Publikum ze begeeschteren.

No enger kuerzer Paus gong ët am zweeten Deel weider mat „A Latin Treasure", iert bei „Latin Merengue" d´Solistin Martine Nickels um Piccolo seng Virtuositéit a Perfektioun konnt ausspillen.

An engem Intermezzo vu 15 Minuten huet dunn den Grupp Sam Brasil voll hiert kënschtler- an akkrobatescht Kënnen demonstréiert, weider gong ët mat „Brasil Festival" engem Solostéck fir Saxophon bei dem eise komplette Saxophonsregëster glänze konnt, mat „Latin Americana" gong de Galaconcert 2004 zu Enn.





De Publikum huet mat minutelaangem Applaus eng Zugab gefuerdert. Mat „Brasilia Carnaval" hat d´Schirener Musék eng Zugab parrat, bei der Sambadänzerinne sou richteg an hierem Element waren.

D´Partituren goufen der Rei no gestëfft vun: Aloyse Mini vu Noumer, dem Här Paschtouer Romain Gillen, Mme Cecile Feinen-Marnach, Mme Liette Juncker-Nickels vun Dikrech, Jos Lutgen, Nuckes Majerus, Jean Thill, Mme Ferny Rasquin-Lallemand vu Mäertzeg, Maggy Meisch, Marc Schmitz an André Schmit.

D´Moderatioun long an den Hänn vum Maggy Meisch. D'Maggy huet nees eng Kéier wéi mir dat vun him gewinnt sinn op eng bravouréis Art a Weis duerch de Programm geféiert. D´Texter zu den eenzelne Stécker haten d´Nicole Mersch, Debby Storn a Jean Nickels zesummegestallt, niewent der Präsentatioun vun de Musekswierker an hire Komponisten, souwéi iwwert d´Haaptereegnesser aus Politik a Kultur vum Land Brasilien, hu si dem Publikum dëst ee Stéck méi no bruecht.

Wéi op der Foto uewen ze gesinn ass, hat eis Dekoratiounekipp ënnert der Regie vum Georges Petit assistéiert vum Ali Nickels och dëst Joer keng Méi gescheit a mat dräi Meeschterwierker de passenden Hannergrond op d´Leinwand bruecht.

De Galaconcert 2004 war op der ganzer Linn ee groussen Erfolleg, a mir ginn Iech lo schons Rendez-vous um nächsten drëtte Sonndeg am Januar fir de Galaconcert 2005.



# BURGBRENNEN UND EINWEIHUNG DES NEUEN MTW BEI DER FEUERWEHR SCHIEREN



Nach der Jahreshauptversammlung und des Fastnachtballs "Negerbal" folgte traditionell am Wochenende nach der Fastnacht das Burgbrennen. Wie in den Jahren zuvor so waren auch dieses Jahr wieder die Feuerwehrmitglieder unterwegs um bei den Einwohnern "fir d'Buerg opzehiewen".

Dieses Jahr wurde das Burgbrennen mit einer Feuerlöscherkontrolle verbunden. Bei dieser Aktion konnten die Schierener Bürger bei der Feuerwehr ihren Feuerlöscher kontrollieren oder hatten die Gelegenheit sich über die verschiedenen Arten von Feuerlöschern informieren zu lassen. Neben den Feuerlöschern wurde das Angebot mit Rauchmeldern und Löschdecken erweitert.

Am frühen Morgen des Burgsonntags begaben sich Feuerwehrmitglieder und die Jugendlichen auf den Kreuzberg, wo die Burg aufgerichtet wurde. Am Nachmittag wurde im Feuerwehrbau "Ierzebulli" serviert und bei einem Spaziergang konnte die Burg besichtigt werden und bei einer "Drëpp" über das Meisterwerk der Feuerwehr fachzusimpeln.










Am Abend war es soweit: nach dem Aufheulen der Sirenen und einem Feuerwehr wurde die Burg angezündet und der Winter verabschiedet.

Im Rahmen einer kleinen Feierstunde wurde am 1. Mai, nach der 1.-Mai-Feier, im Feuerwehrbau in Schieren der neue MTW (Mannschaftstransportwagen) der freiwilligen Feuerwehr Schieren eingeweiht. Bei dieser Gelegenheit wurde gleichzeitig an das 110jährige Bestehen der lokalen Feuerwehr erinnert.







Kommandant Aly Lamborelle blickte in seiner Rede auf die Geschichte des ältesten Vereins in Schieren zurück, der im Jahre 1894 gegründet wurde und hob die wichtigsten Ereignisse und Tugenden hervor. Ohne den ganzen Einsatz der Vorgänger wäre der Fortbestand der Feuerwehr nicht gewährleistet und jedes einzelne Feuerwehrmitglied ist heute mehr denn je gefordert, damit die Feuerwehr weiterhin ihr hohes Ansehen ausserhalb den Gemeindegrenzen geniessen kann.

Des Weiteren soll Jeder ein Vorbild für die Jugendfeuerwehr sein. Nur eine gute Jugendfeuerwehr kann den Rückgrat des Vereins in der Zukunft bilden und deren Existenz sichern. Die Feuerwehr Schieren hat seit 1972 eine Jugendfeuerwehrsektion und deren Erfolge in der 32jährigen Geschichte können sich blicken lassen.

Zum Abschluss dankte er jedem, der an der Neuanschaffung des MTW geholfen hatte sowie den insgesamt 24 Patinnen und Paten: Mme Zimmer-Hess, Mme Everad-Nilles, Mme Anita Hemes, Mme Erdel-Lenertz, Mme Conte-Gieres, Mme Graff-Leinar, Mme Goerens-Rodesch, Mme Hanff-Melsen, Mme Theis-Steines, Mme Zanier-Thilgen, Mme Linkels-Kolbach, Mme Berwick-Rischard, Leo Depuydt, Jerry Reiffenberg, Néckel Kasel, Jean-Paul Zeimes, Carlo Lamborelle, Georges Thill, Nico Hilger, Claude Goerens, Claude Tibessart, Jean-Marie Steffen, Romain Kemp und Fränk Meyer.

Der neue Mannschaftstransportwagen wurde vum Pfarrer Romain Gillen gesegnet und die 24 Patinen und Paten erhielten ein passendes Erinnerungsgeschenk. Jos Tholl, Vizepräsident des luxemburgischen Feuerwehrverbandes, gratulierte der Gemeinde und der Feuerwehr für die Neuanschaffung und hob die zahlreichen Vorbeugungsmassnahmen der Feuerwehr hervor.

An diesem Tag kam ebenfalls Fernand Schroeder, der seit 25 Jahren im aktiven Dienst der Feuerwehr ist zu Ehren. Für diese Treue erhielt er ein passendes Geschenk. Von ihrer Partnerwehr aus Nusbaum bekamen die Schierener aus den Händen des Wehrführers Günther Schilz ein schönes Andenken.

Nach den Reden von Bürgermeister Jos Lutgen und Minister Charles Goerens folgte das Absingen der "Heemecht", die vom Ehrenbürgermeister Gust Goerens intoniert wurde und abgeschlossen wurde die Feier mit einem flotten Abendessen im Café op der Trap.

*Jos Nerancic*





# ÉISCHT-MEE-FEIER



Op Initiativ vun der Kultur- a Festkommissioun hate sech virun dräi Joer di Verantwortlech vun de Veräiner zesumme gesaat fir d'Eischt-Mee-Feier ze reorganiséieren mam Ziel, datt all Veräin un dëser Feier soll deelhuelen.

Um 9 Auer war de Rendez-vous op der Grillplaz ënner Buchels. Ët hate sech sou eng 50 bis 60 Leit afond mat Heckeschéier, Telescopbamschéier a Blummendrot. Éireg ass Laaf geschnitten a gesammelt ginn, all Veräin huet säi Meekranz gebonnen a wollt als éischte fäerdeg sinn. Di eng haten eng Kranzform matbruecht, anerer hu mat Äscht ee Reef geformt. Iwwerdeems di eng un de Meekränz geformt a gebonnen hunn, këmmeren d'Pomjeeë sech ëm den Honger an den Duuscht. Si haten hire Generator matbruecht fir sou de néidege Stroum ze hunn fir kënnen ee waarme Wirschtche mat enger Taass Kaffi unzebidden oder eng Fläsch Béier fir déi, déi ët nët sou mam Kaffi hunn.



Ëm 11 Auer war den Départ vum Cortège an der Huelschéck. Mat de Pompjeeë virop, der Musék hannendrun gefollegt vun allen anere Veräiner gong et am Cortège iwwert Haaptstrooss, bei der aaler Gemeng ass den éischte Meekranz opgehange ginn, de Buergermeeschter Jos Lutgen huet alle Beedelegten Merci gesot fir hir Präsenz a gewënscht dass dës Traditioun laang soll erhale bleiwen. Ët gong mat Marschmusek weider bis bei de Kéi-



wee an zréck bis op d'Vallisplaz wou gedréint gouf fir de Schluss bei der Sportshaal ze maachen. Eng besonnesch Befriddegung waren déi vill Leit déi intresséiert an de Fensteren, op der Hausdir oder um Trottoir um Cortège deelgeholl hunn.

An der Buvette vun der Sportshal gouf ët lo dee verdéngte Patt. Fir den Honger hat eis Amiperas-Sektioun ee gudden Teller Ierzebulli präparéiert.

Mir soe Merci alle Veräinsmemberen déi un dëser Eischt-Mee-Feier matgemaach hunn. *CP*

# GAART AN HEEM SCHIEREN

D'Joer 2003 hu mir ofgeschloss mat eiser Generalversammlung den 13. Dezember 2003. No deenen üblechen Rieden a Berichter vu President, Sekretär an Caissier huet de Garson's Nico eis säi Film iwwer den Tour un de Genfer Séi gewisen – ee gelongent Stéck Erënnerung un e puer flott an haaptsächlech waarem Deeg.

An eiser éischter Monatsversammlung den 13. Mäerz 2004 huet den Här Willi Welter Diaen gewisen, wéi een de Virgäertche flott ka gestalten oder awer och net.

Den 13. Abrëll ware mer mat 50 Leit an d'Revue, déi dëst Joer nees am Neien Theater, haut Grand Théatre genannt, gespillt gouf.

Gott sei Dank si se endlech fäerdeg mat hiren Emmäennerungs-aarbechten, well d'Atmosphère am Grand Théatre ass dach eng ganz aner wéi an der Victor Hugo Hal. Dëst Joer stung d'Revue ënnert dem Moto „Faulen Zauber".

De 24. Abrëll hu mir zesumme mat der Schierener Gemeng an der Emweltkommissioun ee Baam geplanzt fir all am Joer 2003 gebuerend Kand vu Schieren.

*Hei eis weider Aktivitéiten:*

**4. Juni:** Landesgartenschau zu Tréier.

**15. August:** Léifrawëschdag. Mir féieren och dëst Joer d'Traditioun vum Wësch virun.

**25. September:** Quetschefest.

Mir erënneren drun, dat dir den Vertikultierer beim Meisch Jean-Paul op 82, route de Luxembourg (Tël.: 81 83 24) geléint kritt.

WIE HERRLICH LEUCHTET
MIR DIE NATUR!
WIE GLÄNZT DIE SONNE!
WIE LACHT DER FLUR!

ES DRINGEN BLÜTEN
AUS JEDEM ZWEIG
UND TAUSEND STIMMEN
AUS DEM GESTRÄUCH.

SO LIEBT DIE LERCHE
GESANG UND LUFT
UND MORGENBLUMEN
DEN HIMMELSDUFT.

*Johann Wolfgang von Goethe.*

# BBC BLACK FROGS SCHIEREN

## D'Saison 2003/2004 bei de Senior Dammen a Senior Hären

### Dammen: Dat beschte Resultat vun enger Schierener Dammenekipp!

Déi 3. Saison bei den Dammen an der National 2 huet ganz gutt ugefaangen. No der Hironn hate si 5 vu 7 Mätcher gewonnen. Just géint d'Sparta Bartréng (-24 Punkten) an den Telstar Hesper (-5 Punkten) hate si verluer. Domatt wäre mir no den Allez-Mätscher op der 3. Plaz am Classement. 2 Mätcher vum Retour goufen nach viru Chrëschtdag gespillt, déi allen 2 vun eisen Damme gewonnen goufe sou, dat si beim Joreswiessel eng Bilanz vun 9 gespillte Mätscher der 7 gewonnen haten.

Duerch verschidden Emstänn hunn eis Dammen am neien Joer vun den 5, nach an der Qualifikatiounsronn ze spillenden Mätscher just dee géint d'Fiels gewonnen.

Wéi se dee gewonnen haten, wär awer klor, datt mer de Play Off fir den Opstieg an d'National 1 géife spillen an, datt si doduerch och dëst Joer nët géifen aus der National 2 erausfalen. Domatt hate si och eisen Objektiv fir dëss Saison schon bei wäitem iwwertraff.

D'Qualifikatiounsronn hunn eis Dammen op der 3. Plaz hannert dem Telstar Hesper, der Sparta Bartréng a virun dem Avenir Berbourg ofgeschloss. Am Play Off hu si alles ginn, mais leider wär ët hinnen nët vergonnt do ee Mätsch ze gewannen. Mais ët muss ee sech jo och nach eng Steigerung, op dës bis elo beschte Saison vun eisen Dammen, oploossen. Am Schlussklassement vum Play Off sinn eis Dammen op déi 4. Plaz an der National 2 komm. Dëst ass dat beschte Resultat wat eng Dammenekipp vu Schieren bis elo fäerdeg bruecht huet.

An der Coupe hate si de Mätsch zu Mondorf e bëssen op déi liicht Schëller geholl, an hunn dee mat Krempes op 2 Punkten gewonn. An der nächster Ronn ass dunn de Racing bei eis op Besuch komm an hunn eis mat 114 –57 ofgezunn.

### Hären: Dat schlechste Resultat vun enger Schierener Härenekipp!

An der National 3 bei den Hären stungen 22 Mätcher um Programm.. No 20 vun desen haten eis Hären bis dohinn just hei-

heem géint de Préizerdaul gewonn, an ët hat alles duerno ausgesinn, datt sie déi 1. Kéier an der Veräinsgeschicht déi Lescht vun den 1. Ekippen zu Lëtzebuerg sollte ginn.




Den 3. Abrëll 2004 war den Ufank vun der Ouschtervakanz, an de Jemp Schuster war vum Basket invitéiert een Optrëtt zu Schieren ze absolvéieren. Duerch dës Emstänn hate mir schon bal Forfait géint Mondorf erklärt, well mer Schwieregkeeten haten, Spiller zesummen ze kréien. Um Enn hate mer nach e puer Spiller fonnt a si hunn dee Mätsch mat 25 Punkten Ennerscheed gewonn. Och de leschte Mätsch hei zu Schieren géint d'Red Boys Déifferdeng hu si gewonnen sou datt an Extremis déi leschte Plaz verhënnert konnt ginn. (Et soll ee sech och hei nach eng „Steigerung" oploossen). Vun den 22 Mätscher hate si dunn der 3 gewonnen an 19 verluer.

An der Coupe wär et och séier, géint Palma Ahn aus der National 2, gedoen. 58 – 120 gung dëse Mätsch verluer, grad ewéi, géint Dikrech, an der Coupe FLBB 64 – 106, sou, datt mer trotzdeem déi schlechste Saison vun den Hären an der Veräinsgeschicht vermierke mussen.

## Trainer Patrick Paul

De Patrick Paul hate mir Mëtt August 2003 fir eis Senior Dammen a Senior Hären als Trainer engagéiert. Schon no den éischten Traininger hu mir festgestallt, datt mer ee kompetenten Trainer fonnt haten. Dat huet sech bei den Dammen och séier bemierkbar gemeet. Duerch de mangelhaften Trainingsbesuch bei den Hären huet sech dat bei hinnen nët esou an de Resultater néiergeschloen.

De Beweis, datt mer an dëser Saison ee gudden Trainer haten, hu mer elo um Enn vun der Saison presentéiert kritt. Hien wiesselt fir d'Saison 2004 – 2005 als Senior Härentrainer op Walfer. Mir soen him op dësem Wee villmols Merci fir dës Saison a wënschen him vill Gléck bei sénger neier Aufgab.

## Jugendekippen

An der Saison 2003 – 2004 hu mir mat 3 Kannerekippen gespillt. Ugefaangen hate mir mat enger Minimes-, enger Poussins-mixte- an enger Scolaireseekipp. Well an der Minimesekipp nëmmen 2 – 3 Bouwen matgespillt hunn, déi och Poussins-mixte konnte spillen, hun mir dëss Ekipp no der Chrëschtvakanz an eng Fillettesekipp ëmgewandelt. No dëser Emmellung hu si ët och fäerdeg bruecht e puer Mätscher ze gewannen. Ee Bilan vun dem Championnat bei de Kanner gidd Dier op eiser Generalversammlung den 9. Juli 2004 gewuer well d'Saison bei de Kanner nach leeft.

Am Moment hu mir ee grousse Succsès op eisen Traininger fir d'Kanner, déi vum Jean-Pierre Marcelle, dem Kemp Dan an dem Roth Georgette geleet ginn. Op den Traininger wärte mer op een Duerchschnëtt vun 20 – 25 Kanner kommen. Mir hoffen, datt dat esou viru geet well an der Jugend läit d'Zukunft vun eisem Veräin.

Op dësem Wee wëllte mir nach eng Kéier een Opruff un all déi Kanner maachen, déi tëschent 8 a 14 Joer al sinn a Loscht hu Basketball ze spillen. Si kënne sech bei Roth Georgette um 091 81 83 63 melle fir Détailler gewuer ze ginn.

## Grousse Jugendtournoi den 22. an 23. Mee 2004 zu Schieren.

Mir hu fir eis Jugendspiller ee grousse Jugendtournoi organiséiert dee Samsdeg, den 22. Mee, an e Sonndeg, den 23. Mee zu Schieren an der Hal gespillt gëtt. De genaue Programm vun dësem Turnéier kritt Dier nach per „Toute-Boîte" matgedeelt.

## Quizowend an Nitebasket

Samsdeg, de 5. Juni, ass eise Quizowend, an eng Woch méi spéit, de 12. Juni, ass dann och schon eisen 2. Nitebasket. Och fir dës 2 Manifestatioune fannt der mat Zäiten Détailler an Ärer Boîte.

# 30. GENERALVERSAMMLUNG DER AMIPERAS SCHIEREN

Am 14. Januar fand in Schieren die 30.Generalversammlung der Amiperas Sektion Schieren statt. Präsident Jos Lutgen begrüsste neben den zahlreichen Mitgliedern der Sektion, verschiedene Gemeinderäte und Vertreter der Vereine. Er dankte der Gemeinde für die finanzielle Unterstützung und für alle Dienste des Regiebetriebes im vergangenen Jahr. Sein Dank ging auch an die Mitglieder denn ohne Ihre Unterstützung und Ihre Teilnahme an den Veranstaltungen kann ein Verein nicht leben.

Anschliessend wurde eine Gedenkminute für die im vorigen Jahr verstorbenen Mitglieder Richter-Ries Jeanne, Heischbourg Anne, Flammang-Jaeger Marie, Wolff-Boudler Léontine, Furger-Theisen Christian eingelegt. Die Damen Flammang und Heischbourg waren bekanntlich Gründungsmitglieder der Amiperas Schieren und Jeanne Richter bis zu ihrem Tode im Vorstand.

Dann übergab er das Wort an die Schriftführerin Maggy Garson, die ein arbeitsreiches Jahr vorstellte. Die Sektion zählt 116 Mitglieder und 180 Donateurs. Die verschiedenen Veranstaltungen waren sehr gut besucht: 30 portes-ouvertes mit einem Durchschnitt von 28 Personen, Generalversammlung, 80 Pers.; Bretzelfeier mit Tombola und Unterhaltung vom Orchester „Luc's", 75 Pers.; Bëschbotz, für 44 Erwachsene und 25 Kinder gekocht;

1. Maifeier, Ausflüge nach Bascharage mit 24 Pers. und nach Echternach mit 32 Pers. und mit 19 Pers. ins Kapuzinertheater. Am Grillfest nahmen 95 Personen teil, und die „Eisekuchen op der Valisplaz" fanden auch viele Abnehmer. Eine Journée du

Grand-Age mit Ehrung der ältesten Mitgliedern und Unterhaltung vom „Orchester Nostalgie“ mit John Belli und Roger Muller, mit 95 Pers.; ‚Chrëschtfeier‘ mit Überreichung von 1000 €, an den Vertreter von der „Bobby“ Aktion von der Police Judiciaire.

Die Kasse wies einen Überschuss aus, und die Kassenrevisoren Juliette Kemp und Martin Hendricks baten die Versammlung um Entlastung der Kassiererin.

Der Präsident gab bekannt, dass die Sammlung 2004 der Amiperas Schieren an die Fondation Autisme geht.

Am Anschluss an die Versammlung wurde den Eheleuten Léonie und Nicky Theis-Garson zur goldenen Hochzeit, und Herrn Jean Wohl nachträglich zum 75. Geburtstag gratuliert und passende Geschenke überreicht,

Im Programm 2004 sticht die „Journée du Grand-Age“ hervor, verbunden mit der 30 Jahrfeier der Amiperas Schieren.

Der Vorstand setzt sich weiter wie folgt zusammen: Präsident: Jos Lutgen, Vizepräsidentin: Mariette Hess-Werdel, Sekretärin und Kassiererin: Maggy Garson-Dupont,

Mitglieder: Beatrix Wildgen-Frantal, Françoise Diederich-Schroeder, Helga Gillen-Wadlé, Jos Zeimes, Anita Hemes.



*D'Léonie an den Nicky Theis-Garson hu fir d'Gëllenhochzäit gratuléiert kritt*

## Bretzelfeier 2004

Fir d'Bretzelfeier haten sech dëst Joer 60 Leit ugemellt. Wéi all Joer war eng schéin Tombola zesumme gestallt gin, mat Hëllef vun eise Memberen an de Geschäftsleit, wou mir ëmmer akafe gin. D' Hiirkefileten an d'Gromperenzalot hu gut geschmaacht an eis Dammen hun nees derfir gesuergt dass keen hongreg oder duuschtreg heem gaang ass. Jiddereen huet och nach eng Bretzel kritt. D'Musik aus der Këscht war nët grad dat Richtegt fir Stëmmung ze suergen, dat wärte mir dat nächst Joer nees änneren, mee mir hate Besuch vun enger komescher Bomchen, déi eng mat eisem Präsident wëlles hat.



*De Komité vun der Amiperas. Op der Foto fehlt d'Madame Françoise Diederich-Schroeder.*



# Déi nächst rendez-vousen mat der AMIPERAS SCHIEREN:

Porte-ouverte bei der Amiperas am neie Gemengesall vun 14 bis 18 Auer

den 5. an den 19. Mee
den 2. den 16. an den 30. Juni
de 14. Juli

GRILLFEST den 28. Juli am Sall

Den August ass Vakanz.

EISEKUCHEN op der Valisplaz, den Donneschdes, den 2. September.

Porte-ouverte den 8. an den 22. September.

# SCHIEREN AM DIGITALEN ZÄITALTER

## Aus der Generalversammlung vun der Schierener Gemeinschaftsantenn

Den 22. Abröll 2004 ass déi 37. Generalversammlung vun der Schierener Gemeinschaftsantenn ofgehaal gin. De Präsident Armand Bauler huet all interesséiert Nolauschterer begréisst an sech bei de Kollégen aus dem Komité, de Keessepréifer an der Gemeng fir déi konstruktiv Zesummenarbecht bedankt.

Et war dunn um Sekretär Jerr. Kemp fir den Tätechkeetsbericht virzedroen. Am Dezember 2002 sin d'Modernisatiounsarbechten vum Réso ofgeschloss gin, woubäi ronn € 41.300,- investéiert goufen. Eist Antennenetz ass vun 450 op 862,5 MHz opgerüst, a mat bi-direktional-tauglechen Verstärkeren ekipéiert gin. Dat war de Start an eng nei digital Aera zu Schieren. Während dem ofgelaafenen Joer ass den „bouquet numérique REALITY" agespeist gin, dat ass eng digital Plattform déi zousätzlech 79 Televisiouns- an 36 Radiosprogrammer ubidd. Ausserdem ass e Kontrakt mat der Post ofgeschloss gin, fir den „Internet à grande vitesse TV-Surf" iwer den Antennenkabel zougänglech ze maachen. Dësen 24/24-Stonnen-Internet-Uschloss fir € 49,91 de Mount ass 5 Mol méih séier wéi ISDN. De Modem ass gratis. Eng Présentatioun war läschte November am CAPE zu Ettelbréck gemaach gin.

All nötzlech Informatiounen iwer d'Gemeinschaftsantenn Schieren an hir Servisser sin och um Internet ënnert der Adress „www.schieren.org" ze fannen.

An Zukunft ass et och méiglech, nach weider interaktiv Servisser iwer den Antennekabel unzebidden, wéi z.B. Vidéo sur demande, Pay-TV, a.s.w.

Entretiens-arbechten sin an der rue du X Septembre, dem Kräizbierg an der rue du Chemin de Fer ausgefouert gin.

De Verwaltungsrot huet sech 6 x getrafft a war och 7 x bei verschiddenen aneren Evenementer an Treffen vertrueden. D'Zuel vun de Memberen beleeft sech op 473. Zousätzlech analog Programmen während dem läschte Joer sin RBB Berlin, BTV 4 an TELE 5, woumat d'Unzuel vun de Fernsehsprogrammen sech op 62, an vun de Radiosprogrammen op 40 beleeft. D'Signal gëtt weiderhin vun der Ettelbrécker Gemeinschaftsantenn geliwert.

Als Fazit vum Finanzbericht, deen och vum Jerr. Kemp a senger Funktioun als Keessier virgedro gouf, konnt eng gesond Situatioun festgestallt gin. Dank enger wäitsiichtecher Investitiounspolitik an deenen vergangenen Joeren konnt een aussergewéinlechen Iweschoss un Ausgaben vun bal € 40.000,-. verkraft gin.

Fir en neien Uschloss muss een € 1.000,- bezuelen, an de jährleche Beitrag bedréit € 85,-.


Op Virschag vun de Keessepréifer huet d' Generalversammlung dem Tresorier d'Entlaaschtung gin an och dem Verwaltungsrot séng Arbecht gouf ofgeseent.

Den Alain Feypel, Präsident vun der Ettelbrécker Gemeinschaftsantenn, huet an séngem Exposé een Abléck an dat gin, wat nach alles iwer den Antennekabel méiglech ass, an zesummen mat den Komités-memberen op d'Froen, déi während der fräier Aussproch gestallt goufen, geäntwert. De Jos Zeimes huet sech am Numm vun der Gemeng beim Komité vun des ACS bedankt an och weiderhin hir Ennerstëtzung zougesot.

De Verwaltungsrot sëtzt sech folgendermoossen zesummen: Armand Bauler (Präsident), Rudy Bever (Vize-Präsident), Jerr. Kemp (Sekretär an Tresorier), Steve Lamborelle, Jang Mons (Memberen), Christian a Roger Stelmes (Memberen an Techniker). Keesserevisoren sin Jos. Nilles,Raymond Schreiner an Claude Graff.

Ofgeronnt gouf d'Generalversammlung mat engem gemittlechen Patt.

*Jerr. Kemp*



## Programmes TV par fréquence

| Canal | MHz | Canal | Programme TV | |
|---|---|---|---|---|
| | | | **INTERNET TV-Surf** | |
| UKW | 88-108 | | *Progr. radio UKW* | |
| S 2 | 112,25 | 81/82 | DSF | |
| S 3 | 119,25 | 82/83 | RTL Tele Lëtzebuerg | B |
| S 4 | 126,25 | 83/84 | PRO 7 | |
| S 5 | 133,25 | 84/85 | SW 3 | |
| S 6 | 140,25 | 85/86 | ARD | S |
| S 7 | 147,25 | 86/87 | RTPI | |
| S 8 | 154,25 | 87/88 | RTL TVI (décodé) | |
| S 9 | 161,25 | 88/89 | SAT 1 | U |
| S 10 | 168,25 | 89/90 | TF 1 | |
| K 5 | 175,25 | 05 | TANGO TV | |
| K 6 | 182,25 | 06 | ZDF | I |
| K 7 | 189,25 | 07 | RTL Television (D) | I |
| K 8 | 196,25 | 08 | RTBF 2 | I |
| K 9 | 203,25 | 09 | RAI UNO | |
| K 10 | 210,25 | 10 | FRANCE 2 | B |
| K 11 | 217,25 | 11 | RTBF 1 | |
| K 12 | 224,25 | 12 | FRANCE 3 | |
| S 11 | 231,25 | 90/91 | RTL 2 | |
| S 12 | 238,25 | 91/92 | Info-Kanal/Nordliicht | B |
| S 13 | 245,25 | 92/93 | RTL 4 (décodé) | |
| S 14 | 252,25 | 93/94 | EUROSPORT | S |
| S 15 | 259,25 | 94/95 | M 6 | |
| S 16 | 226,25 | 95/96 | MDR | O |
| S 17 | 273,25 | 96/97 | 3 SAT | |

## Programmes TV par fréquence

| Canal | MHz | Canal | Programme TV | |
|---|---|---|---|---|
| S 18 | 280,25 | 97/98 | RAI DUE | B |
| S 19 | 287,25 | 98/99 | ARTE (D) | S |
| S 20 | 294,25 | 99/00 | CANAL + (belge)(codé) | O |
| S 21 | 303,25 | | TVE | |
| S 22 | 311,25 | | VOX | |
| S 23 | 319,25 | | KABEL 1 | |
| S 24 | 327,25 | | BBC WORLD | |
| S 25 | 335,25 | | RTL CLUB | D |
| S 26 | 343,25 | | N 3 | N |
| S 27 | 351,25 | | N-TV | A |
| S 28 | 359,25 | | SUPER RTL | B |
| S 29 | 367,25 | | PHOENIX | R |
| S 30 | 375,25 | | WDR | E |
| S 31 | 383,25 | | BR 3 | P |
| S 32 | 391,25 | | CNN | Y |
| S 33 | 399,25 | | FASHION TV | H |
| S 34 | 407,25 | | BLOOMBERG | |
| S 35 | 415,25 | | MTV | |
| S 36 | 423,25 | | TV 5 | |
| S 37 | 431,25 | | CHAMBER TV | |
| S 38 | 439,25 | | VIVA 1 | |
| K 21 | 471,25 | 21 | RTL 9 | |
| K 22 | 479,25 | 22 | LA 5 / ARTE (F) | F |
| K 23 | 487,25 | 23 | BR ALPHA | H |
| K 24 | 495,25 | 24 | HR 3 | U |
| K 25 | 503,25 | 25 | N 24 | |

## Programmes TV par fréquence

| Canal | MHz | Canal | Programme TV | |
|---|---|---|---|---|
| K 26 | 511,25 | 26 | VIVA + | |
| K 27 | 519,25 | 27 | CNBC | |
| K 28 | 527,25 | 30 | 9 LIVE | |
| K 29 | 535,25 | 29 | RBB Brandenburg | |
| K 30 | 543,25 | 30 | MTV 2 | |
| K 31 | 551,25 | 31 | LIBERTY TV.COM | F |
| K 32 | 559,25 | 32 | KIKA | |
| K 33 | 567,25 | 33 | - | H |
| K 34 | 575,25 | 34 | RBB Berlin | |
| K 35 | 583,25 | 35 | - | U |
| K 36 | 591,25 | 36 | VIDEO | |
| K 37 | 599,25 | 37 | - | |
| K 38 | 607,25 | 38 | BTV | |
| K 39 | 615,25 | 39 | TELE 5 | |
| K 40 | 623,25 | 40 | - | |

PT INTERNET — Internet via câble TV

TV-SURF — TV SURF

Call Center — Tél.: 12422 (no gratuit)

Rendez- nous visite à l' Internet

**http://www.schieren.org**

WWW.SCHIEREN.ORG

ACS

ANTENNE COLLECTIVE SCHIEREN a.s.b.l.

## Programmes Radio par fréquence

| MHz | Tuner | Programmes UKW |
|---|---|---|
| 87,8 | | non utilisé |
| 88,3 | | France Inter |
| 88,8 | | France Culture |
| 89,3 | | France Info |
| 89,8 | | France Musique |
| 90,3 | | Radio Interculturelle |
| 90,8 | | RTBF Première |
| 91,3 | | RTBF Wallonie |
| 91,8 | | Radio 21 |
| 92,3 | | RTBF Musique 3 |
| 92,8 | | Eldoradio |
| 93,2 | | Radio Ara |
| 93,6 | | DNR (De Neie Radio) |
| 94,0 | | RTL 92,5 |
| 94,5 | | RSC 100,7 |
| 95,0 | | RTL Radio |
| 95,4 | | Bayern 4 Klassik |
| 95,8 | | DLF |
| 96,2 | | WDR 4 (ADR) |
| 96,7 | | SR 1 Saar |
| 97,2 | | SR 2 Saar |
| 97,7 | | SR 3 Saar |
| 98,2 | | SR 4 |
| 98,7 | | Radio Salü (Saarbrücken) |
| 99,2 | | SWR 1 RP |
| 99,7 | | RPR Zwei |
| 100,2 | | S 2 Kultur |
| 100,6 | | SWR 4 TR |
| 101,0 | | Eins Live (WDR) |
| 101,4 | | SWR 3 |
| 101,8 | | Radio Horeb |
| 102,2 | | RPR Eins |
| 102,6 | | NDR 4 |
| 103,0 | | Sky Radio |
| 103,5 | | Klassik-Radio Hamburg |
| 104,0 | | Radio Melodie (ADR) |
| 104,5 | | BBC |
| 105,0 | | Radio Latina |
| 105,5 | | Ladio Lora |
| 106,0 | | WDR 2 |
| 106,5 | | non utilisé |
| 107,0 | | Radio RTPI |
| 107,5 | | non utilisé |
| 108,0 | | non utilisé |

## ANTENNE COLLECTIVE

## SCHIEREN A.S.B.L.

*Pour toute question d'ordre technique ou*

*pour une réclamation, veuillez vous adresser*

à M. Roger STELMES

( tél.: 81 26 60 ou 091 81 26 60 )

tél. gratuit
12 422

TV SURF

*Veuillez adresser toute correspondance à:*

Antenne Collective Schieren a.s.b.l.

c/o M. Jerr. KEMP

14, rue des Vergers L-9134 Schieren

**Conseil d'Administration**

**de l'Antenne Collective Schieren a.s.b.l.**

| | |
|---|---|
| BAULER Armand | Président |
| BEVER Rudy | Vice-président |
| KEMP Jerr. | Secrétaire et Trésorier |
| LAMBORELLE Steve | Membre |
| MONS Jean | Membre |
| STELMES Christian | Membre |
| STELMES Roger | Membre |

Nous vous souhaitons bonne réception

## Antenne Collective Schieren asbl

## Liste des programmes TV et radio




**valable à partir du mois de mai 2003**

Signal livré par l'Antenne Collective Ettelbruck asbl

# TURNVERÄIN SCHIEREN ASBL

Den Turnveräin Schieren mëscht drop opmierksam dass si Nordic-Walkingkuren hei zu Schieren ubidden. Fir weider Informatiounen stinn Iech d'Präsidentin Kemp Juliette ✆ 81 88 02 an d'Vicepräsidentin Marie Anne Pletschette ✆ 81 84 06 jidderzäit zur Verfügung.



## SUMMERFEST

**Sonndes den 20 Juni 2004**

vun 15.00 Auer un an der Sportshal zu Schieren

Groussen Optrëtt vun eisen Kannergruppen

Self-Defense Demonstratioun

Fir Iessen an Drénken ass gesuergt

Dir sidd häerzlech wellkomm fir mat eis puer flott Stonnen ze verbréngen

*Merci am Viraus fir Äer Ënnerstëtzung*

**NORDIC WALKING** ist Walking mit speziellen Stöcken, das in Finnland als Sommertraining für Skilangläufer schon im Jahre 1939 entwickelt wurde. Es bringt eine bis zu 40% höhere Intensität als WALKING und beansprucht ungefähr 85% der gesamten Muskulatur. Gleichzeitig entlastet es den Bewegungsapparat bis zu 30% und eignet sich daher besonders als Training für Personen mit Knie- und Rückenproblemen. Der Kalorienverbrauch pro Stunde liegt etwa 100 kcal über dem des Walking.

## Positive Effekte

Man trainiert ca. 600 Muskeln, das sind etwa 90% der Gesamt-Körpermuskulatur (beim Walking sind es ca. 420, beim Jogging 240 Muskeln).

Die durchschnittliche Herzfrequenz steigt um ca. 10 Schläge/Minute, d.h. der Kalorienverbrauch liegt 100 kcal mehr pro Stunde als beim Walking.

Da wir uns auf die Stöcke regelrecht stützen können, werden die Gelenke sowie der Rücken noch mehr geschont als beim Walking. Steigungen sind leichter zu bewältigen.

Besonders die Schulter- und Nackenmuskulatur wird gelockert, die Arm-, Brust- und Rückenmuskulatur gestärkt.

Die Stöcke geben uns Sicherheit auf glattem sowie unebenem Untergrund.

Wir können mit den Stöcken interessante Koordinations-, Kraft- und Beweglichkeitsübungen in unser Training einbauen, bei der Fortgeschrittenentechnik sogar Intervalle mit Sprüngen (fördert die Ausdauer). Beim Stretching können wir uns abstützen.



## Ausrüstung

Wir arbeiten mit speziellen Nordic Walking-Stöcken, deren Handschlaufen einen korrekten Bewegungsablauf garantieren.

Die Stöcke bestehen aus Fiberglas und Carbon. Je höher der Carbonanteil, desto weniger Vibrationen und Stöße werden auf Gelenke und Bänder in den oberen Extremitäten übertragen. Dieser Materialmix ermöglicht eine solche Stabilität, dass die Stöcke weder brechen noch sich dauerhaft biegen.

Wanderstöcke bestehen größtenteils aus Aluminium (verbiegen mit der Zeit) und sind oft einschiebbar (Teleskopstock mit Federung), was ein Unfallrisiko darstellen kann. Es kann wegen der Metallverbindung zu Nebengeräuschen kommen. Das Aluminium leitet auch Vibrationen an die Armgelenke weiter.

Die Stocklänge sollte 66% der Körpergröße betragen.



# A WAT ASS AN DER POR GELAF?




Och dest Joer hu mir nees nei Massendénger an eis Gemeinschaft opgeholl. Nodeems d'Kanner an enger feierlecher Prozessioun an d'Kiirch agezu waren, hu si derzou bäigedroe fir eis Familjemass flott a lieweg ze gestalten.

Symbolesch huet all neie Massendénger säi Sonnenstrahl un eis Sonn um Panneau gemeet.

Am Moment sinn an der Massendéngerekipp 23 Meedercher an 6 Jongen am Alter vun 10 – 16 Joer.

Nieft eisem Déngscht an der Kierch ënnerhuelen mir e puer Mol am Joer och nach aner flott Aktivitéiten.

Mir waren op Dikrech an de Kino de Film ‚2 Tolle Kerle' kucken..

E léierräichen an ausgezeechente Film iwwert dee mir flott diskutéieren kënnen.

De 25. Februar 04 waren mir mat deene Colmar Massendénger zesummen op d'Eispiste op d'Kockelscheier. Hei konnt jiddferee weise wat hien konnt an owens ware mir zesummen (dat heescht déi déi nett ze midd waren) an d'Mass d'Aeschekraiz sichen.

An du war et schons erem esou wäit fir klibberen ze goen.

25 Kanner, agedeelt an 6 Gruppen, war et och dest Joer net zevill ustrengend fir an der Vakanz schons um 6 Auer opzestoe fir klibberen ze goen. D'Kanner hun hirt Bescht gemeet, fir d' Klacken Karfreideg an Ouschtersamsdeg esou gutt wéi méiglech ze vertrieden. Si waren mat Äifer a vill Freed derbäi.

Samsdes moies, nodeems si mat Choky a Kichelcher gestierkt waren, hu si dunn hir Weenercher gerëscht fir op den Tour ze goen.

Eisen Här Paschtouer huet d'Wäiwaasser geseent an dunn gong et weider. Nach eng Keier ass et durch d'Duerf gaang fir all de Schierener Leit ‚Frouh a geseent Ouschteren' ze wënschen.

Mir soen Iech villmols Merci fir är generéis Ënnerstëtzung bei deser Geleeënheet.

Ee Merci geet awer och un all déi Leit, déi eis all Joer e Weenchen oder eng Klibber ausléinen.

















AUX VICTIMES
DE LA GUERRE
1940–1945
D'SCHIERENER
MASSENDENGER
WENSCHEN
FROU OUSCHTEREN



# 1. Helleg Kommunioun zu Schieren



Sonndes, de 25. Abrell 2004 war ët dann nees esou wäit .

11 Jongen a Meedercher aus dem 3. Schouljoer hun hir 1. helleg Kommunioun zu Schieren an der Porkierch gefeiert.

Nodeems eisen Här Paschtouer d'Kanner bei der Gemeng begréisst a geseent hat, si si du feierlech vu Musek a Pompjeeë bis bei d'Kierch begleet ginn.

Dest Joer stong d'Virbereedung an och déi feierlech Mass ënnert dem Thema vun dem Beievollek. Och d'Beien sin eng flott Gemeinschaft wou all eenzel Bei seng speziell Aufgab huet, an och si kënnen nëmmen zesummen eppes erreechen.

Ee Merci deenen Mammen, déi d'Kanner op dëst schéint a grousst Fest virbereet haten.



## SPORTSDAG 2004



Donnesdes, den 1. Abrëll war et rem sou wäit, nationalen Sportsdag an den Primärschoulen war ugesot.

Mëttlerweil ass et well di drëtt Editioun vun desem „sportlechen Event" deen ennert dem Motto stong: „Move your body, stretch your mind".

D'Léierpersonal huet sech sou seng Gedanken gemeet an sou ass et komm dass si mat der gudder Ënnerstëtzung vum Raymond Bartholmé ee flotten Programm op d'Been gestallt hunn.

Deen éischten Grupp Kanner huet vun 8 bis 10 Auer 12 verschiddenen Atelieren an der Sportshal duerchlaf:

Jongléieren, Catchball, Parcours Hopsbäll, Hürdelaf, Seelsprangen, Fallschirm, Basket, Dëschtennis, Seelerklammen, Réngturnen, Torwand, Badminton.

Duerno kruten d'Kanner eng kleng Erfrëschung mat engem Croissant an hu sech op de Wee gemeet fir op Kolmer schwammen ze goen.

Deen aneren Grupp Kanner, deen keen Schwammunterricht hat, huet am alen Festsall vun 8 bis 10 Auer verschidden Aktivitéiten präsentéiert kritt:

Danz- an Jazzatelier, Folklore a Pantomime vu Sportsbegrëffer.

Duerno sinn des Klassen zesummen an d'Sportshal gaang an hu sech kuerz mat Croissant an Gedrénks gestärkt fir duerno di 12 Atelieren an der Sportshal ze duerchlafen.





Mat vill Freed hunn d'Kanner een sportlechen Moien erliewt an si freeën sech lo well op di nächst Editioun.

Op deser Plaz soen mir awer am Numm vum ganzen Léierpersonal der Elterenvereenegung, den lokalen Sportsveräiner, besonnesch dem Basket an dem Fussball, deenen Schierener Jugendlechen, dem Raymond Bartholmé an dem Luc Schumacher villmols merci fir di hëllefräich Ënnerstëtzung.

# DEN ALE FESTSALL

Am Louis Nummer 11 hate mer op der éischter Säit eng Foto vum ale Festsall an der Huelschéck publizéiert. Mir wëllen an dëser Ausgab nach eng Kéier am eenzelnen op d'Originnen an di mannegfalteg Verwendung vun deem Gebei am Laf vun de Joeren zréckkommen.

## 1. Historesches

1921 huet d'Gemeng op enger öffentlecher Stee den Zouschlag kritt fir deen Terrain, deen vum Café op der Trap un bis bei d'Haus Nr 10 an de rue de l'Abbattoir gaangen ass. Déi deemoleg Proprietären waren Mathias Beck an Elisabeth Anthoni. An deene Joeren duerno goufen dunn d'Plangen ausgeschafft an d'Gebai gouf opgeriicht, mat enger Spillplaz oder Schoulhaff am eeweschten Deel, no den Pläng vum Architekt Kraetzer.



*Vue vum Kiirchtuerm op Niederschieren, mat rechts den ale Festsall vun sénger hënneschter Säit.*

Am Laf vun de Joeren goufen nach verschidden Ëmännerungen, Vergréisserungen a Verbesserungen vun den Infrastrukturen virgeholl, fir dëst Gebai deene jeweilegen Ufuerderungen unzepassen. Just eemol an der Vergaangenheet gouf de Sall eng Kéier „mëssbraucht", an dat war wéi am 2.Weltkrich d'Kreisleitung iwwer d'Ortsgrupp Ettelbréck hei parteipolitesch Propagandaversammlungen fir den däitschen Okkupant ofgehalen huet.

## 2. Éischt Salle polyvalente vu Schieren

Direkt no der Konstruktioun vun dësem Sall gouf hei d'Spillschoul ënnerbruecht, an zwar vun 1924 un bis 1969 di nei Schoul an der Gewan ageweit gouf.

Dëst Gebai ass am volle Sënn vum Wuert eng typesch salle polyvalente, well praktesch dat ganzt Veräinsliewen sech hei dran ofgespillt huet an deelweis souguer haut nach hei stattfënnt. Op de Risiko hin trotzdeem een oder deen aneren Veräin ze vergiessen, sief awer hei probéiert eng Opstellung ze maachen vun all deenen déi sech hei getraff hunn. Et waren dat, net chronologesch opgezielt, d'Pompjeeën, de Jünglingsveräin, d'Legio Mariae, di 2 Choralen Liberty an Caecilia, d'Musek, de Club des Jeunes an den Theaterclub; an de leschten 30 Joer vum 20.Joerhonnert war de Sall an der Huelschéck ee wichtegen Bestanddeel vun der Fuesend zu Schieren.



*Ausgangs den 80er Joeren gouf een neit Trapenhaus bäigebaut.*

Eng weider wichteg Funktioun war den Depot vun all Saachen vu Geschir, déi di verschidden Veräiner hei ënnerhal hunn:

- De Lokalveräin, wann ee wëllt eng Zort Virleefer vum Maschinenring: Hei kruten d'Baueren aus dem Duerf Maschinnen ze léinen, wou et sech fir si net rentéiert hätt se selwer ze kafen: Pifffaass, Réngelwalz, Rommelsetzmaschinn, Séimaschinn, Véiwo fir Kalwer a Schwäin ze weien. An dësem Raum waren och nach d'Bölleren gelagert, mat deenen bei Prozessiounen nom Segen bei all Kapell geschoss ginn ass.
- De Gartenbau oder Coin de Terre, bei deem Veräin konnt all Member verschidden klengt Geschir léinen, hei opgezielt mam Joer wou den Veräin déi ugeschaaft huet: Krautkessel vun 1929, Bockelsprëtz a Kelter vun 1930, Kabesmesser vun 1933 an Sprëtz mat Faass vun 1937.
- Deen eelsten Veräin vu Schieren, d'fräiwëlleg Pompjeeën, gegrënnt 1894, hunn och hirt Geschir hei ënner Daach gestallt: Di éischt Pompjeessprëtz vun 1896, an di verschidden Pompjeesween. Hannert dem Sall stong ee grousen hëlzernen Tuerm mat Schauten, wou no engem Asaz oder enger Übung d'Pompjeesschläich opgehaang goufen fir ze drëchnen.

## 3. Theatervirstellungen

Wann haut erëm den Theaterclub ee festen Bestanddeel vum kulturellen Duerfliewen ass, sou ass dat soss näischt wi di logesch Fortsetzung vun enger aler a laanger Theatertraditioun zu Schieren an de Joeren virum a no dem 2.Weltkrich. Nitt manner wéi 5 Veräiner hunn an desem Sall Theaterstécker opgefouert an zwar:

- De Jünglingsveräin ënnert der Regie vum Paschtouer J-P Majerus



*Jünglingsveräin aus den 20er Joeren*

- D'Legio Mariae ënnert der Regie vun der Schwëster Aloysia



*Theater vun der Legio Mariae:1939*

- D'Chorale Liberty ënnert der Regie vum Henri Rommes
- D'Chorale Caecilia ënnert der Regie vum Antoine Bourkel
- D'Schierener Musek ënnert der Regie vum Emile Gillen a Jemp Kerger



*Theater vum Jünglingsveräin ënnert dem Paschtouer Majerus 1938*
*3.Rei: Gengler Nicolas – Hoffmann Jean – Esser Nicolas – Meisch Jim – Esser Jean-Pierre – Kirsch Félix*
*2.Rei: Helbach Paul – Dondlinger Henri – Goerens Jos – Garson Jean-Pierre – Hoffmann Camille – Stirn Jéng – Lamesch Christophe*
*1.Rei: Fischbach Vic – Nickels Mathias - Kugener Jean-Pierre – Goerens Gust*



*Theater vun der Musek aus de 50er Joeren*

## 4. Feierlechkeeten

Stellvertriedend fir all di Festivitéiten di an desem Sall ofgehalen goufen, siewen der just 2 ernimmt, eng am Ufank an eng méi zum Schluss.

*– Onofhängegkeetsfeier 1939*

D'Feierlechkeeten hu Samsdes den 22.Abrëll ugefaang mat enger Schoulfeier, wou niewen deenen 3 Schoulen mam Léierpersonal och nach de Gemengerot an d'Memberen vum Lokalveräin mat allen Awunner deelgeholl hunn. Et goufen Lidder gesong, déi sech mat eeschten an manner eeschten Rieden ofgewiesselt hunn. Um Enn huet de Schoulmeeschter Bourkel nach eng patriotesch Ried gehal, mat daer hien d'Feierlechkeeten vun deenen 2 Deeg an dat richtegt Liicht gesat huet.

Sonndes ass d'Feier dann mat enger feierlecher Houmass virugefouert ginn. Am Nomëtteg huet déi weltlech Feier hir Fortsetzung geholl. No der Vesper hunn d'Schoulkanner an d'Duerfautoritéiten sech virun der Schoul versammelt. De Fräiheetsbam, eng Lann, ass am Cortège vun den Duerfjongen hannert dem Gemengerot an den Duerfveräiner bei d'Kiirch gedroen ginn, wou en vum Paschtouer geseent gouf. Ënnert de Kläng vum




*Onofhängegkeetsfeier 1939 am Juli*
*Lenks uewen d'Porträiten vun den Nationalkomponisten J.A.Zinnen a Laurent Menager*
*Rechts uewen d'Porträiten vun den Nationaldichteren Dicks an Michel Lentz.*
*Ënnen an der Mëtt d'Portraiten vum Prënz Felix, Prënz Jang an d'Grossherzoging Charlotte*

Feierwon gong et duerno op di nei Spillpalz bei der Schoul, wou den Bam du geplanzt gouf. No enger Ried vum Buergermeeschter huet den offiziellen Deel vun der Feier mat der Heemecht hiren Ofschloss fonnt.



*Planzen vum Fräiheetsbam – eng Lann – fir d'Onofhängegskeetsfeier 1939 am ale Schoulhaff*

*– Abschiedsfeier vum Buergermeeschter Gust Goerens*

Fir den Samsdeg, den 22.Januar 1994, hat d'Kultur- an Festkommissioun vu Schieren an den alen Festsall invitéiert, fir di nei Memberen vum Gemengerot ze éieren, mee besonnesch fir dem alen Buergermeeschter Gust Goerens Äddi ze soen. Den Ed Schenten, als President vun der Festkommissioun, huet d'Schierener Awunner an d'Éiergäscht begréisst, ënnert hinnen den Innenminister Jean Spautz, den Deputéierten Charel Goerens an d'Vertrieder vun de verschiddene Ministèren. Duerno goufen di geweelten Gemengevertrieder eenzel virgestallt an als kleng Unerkennung hu si ee Bouquet iwwerreecht kritt. Uschléissend huet den Ed Schenten dem neien Buergermeeschter Jos Lutgen als Cadeau fir d'Gemeng eng original Kaart vu Lëtzebuerg aus dem Joer 1712, hiergestallt vum Johann Baptist Homann, iwwerreecht.



Du war den Tour um Buergermeeschter Jos Lutgen, d'Laudatio op säin Virgänger ze halen. Den Gust Goerens koum 1966 bei Komplementarwalen nom Doud vum fréieren Buergermeeschter Hubert Schlechter gläich an de Schäfferot an hien huet dunn 1978 och den Posten als Buergermeeschter iwwerholl. Domadder gong 1993 no 27 Joer eng Period zu Enn, während däer de Gust Goerens permanent am Dingscht vu Schieren a sengen Awunner stong. Den Innenminister Jean Spautz huet sech et net huelen geloss, fir d'Gléckwënsch vun der Regierung z'iwwerbréngen an hien huet de Gust Goerens, mat deem hien selwer verschidde Projeten realiséiert huet, beschriwwen als ee Mann, deen een ëmmer als frëndlechen a fairen Politiker an Erënnerung behällt.

Een Éierewäin huet des Feier ofgeschloss, an domat war och den Ofschloss gemaach fir den alen Festsall an der Huelschéck als lieu de rencontre fir di offiziell Feierlechkeeten vun der Schierener Gemeng.

# CHORALE CAECILIA



Fir d'71. Kéier haten de Comité an d'Memberen vun der CHORALE CAECILIA freides, de 16. Januar op hir Generalversammlung invitéiert.

No enger erfollegräicher Chrëschtsaison war de President Jos Zeimes stolz an zefridden den Här Minister Charles Goerens, den Här Buergermeeschter Jos Lutgen an d'Vertrieder aus dem Scheffen- a Gemengerot, den Här Paschtouer Romain Gillen, d'Vertrieder vun den Duerfveräiner, d'Memberen an all Frënn vun der Chorale begréissen ze kënnen. D'UGDA gouf vertrueden durch den Här François Flies an de PIUS-Verband durch den Här Joseph Majerus.

A senger Usprooch soot de President all deene Merci, déi de Veräin am vergaangene Joer an irgendenger Form ënnerstëtzt haten an huet sech besonnesch bei alle Sänger bedankt fir hiren Asaaz an dee gudde Prouwebesuch, dee schlussendlech zu engem gelongene Chrëschtconcert gefouert hat. Dee gréisste Merci gung awer un deen neien Dirigent, den Antonio Grosu, deen et versteet all Sängerinnen a Sänger ëmmer rëm frësch ze motivéiren.

Aus dem détailléierten Aktivitéitsrapport vun der neier Sekretärin Josiane Scholer konnt een eraus héiren, datt d'Joer 2003 der Chorale gläich 3 Dirigente bescheert hat: Den Henri Bissen, deen nom Concert Spirituel vum 16. Mäerz, no 9 Joer, den Dirigentestaw un de Guy Ewen iwerginn hat an duerno, no deem senger Demissioun, „last but not least" deen heitege Chef, den Antonio Grosu.

Wéi gewinnt ass dem Jos. Bormann säin exemplaresche Keessebericht vun de Keessekontrolleren Aline Schroeder an Roger Gengler als komplett a richteg kommentéiert ginn.

Folgend Sänger a Sängerinnen goufen dékoréiert:

Vum PIUS-Verband

- mat der Medaille fir 20 Joer: Pascale Kohl-Stolwijk,
- mat der Medaille fir 50 Joer: Jos. Weber.

Vun der UGDA

- mat dem Insigne fir 5 Joer: Louise Post,
- mat der Medaille fir 10 Joer: Raymond Baus, Willy Blasius, Jules Wagener,
- mat der Medaille fir 20 Joer: Pascale Kohl-Stolwijk,
- mat der Medaille fir 30 Joer: Irène Bever, Nelly Gengler, Margot Majerus,
- mat der Medaille fir 50 Joer: Jos. Weber.

Als Ofschloss vum Owend konnt de President Jos. Zeimes den Erléis vum Chrëschtconcert a Form vun engem Chèque iwer 1.000 € un den Här Pierre Franck, Vertrieder vun der Organisatioun „Kanner an Nout a Rumänien" iwwerreechen.

Dräi Woche méi spéit, den 8. Februar, haten d'Sängerinnen an d'Sänger dann och rëm eng Kéier op hir KLENG KIERMES invitéiert.


D'feierlech Houmass zu Eiren vum hl. Blasius, gouf gesonge vun der Chorale vun Izeg.

Duerno war et un der Kichenéquipe, ënnert der Leedung vum Eliane, fir ze weisen wat se kann.

Zur fënnefter Oplag vun der„Klenger Kiermes" stung eppes Neies um Programm. Amplaz Lidder a Sketcher sollt e musikalesche Quiz fir Amusement suergen. Grouss a Kleng am Sall hunn d'Ouren gespëtzt fir sou vill wéi méiglech richteg Melodien ze erroden.

Mol kucken ob deene Responsabelen d'nächst Joer och nach e puer Froen afalen.

# PRIMÄRSCHOUL SCHIEREN • SCHOULJOER 2003/2004



## 3. Schouljoer

*Éischt Rei (vu lenks no rechts) : Eldin Ceman, Pol Hansen, Michael Dos Reis, Dylan Guerra Alves*
*Zweet Rei: Tatjana Nowotny, Eric Schaap, Lynn Hilger, Jeremy Berardi, Sandy Wohl, Jason Rebelo Neves, Patrice Wenner, Maryse Arendt-Martin*
*Drëtt Rei: Sara Pinheiro Tavares, Jeff Nowotny, Chiara Antunes Ribeiro, Denise Pires Sousa, Pit Elcheroth, Nuno Silva Abreu, Giampaulo Porritiello, Sonia Garson*


Mir sinn dat drëtt Schouljoer aus der Primärschoul vu Schieren. Eis Joffer ass d'Myriam Stüren. Well si awer am Dezember e klengen „Tim" krut, deen si lo nach doheem e bëssche brauch, gët si ersat vun der Joffer Maryse Arendt. Déi meescht vun eis ware schons am éischten an am zweete Schouljoer zesummen, awer dësen Hierscht wéi dat neit Schouljoer ugaangen ass, koume nach den Jason, d'Denise, den Giampaulo, de Nuno, de Michael an d'Lynn derbäi. Zu 19 si mir lo eng ganz wibbelech Band an hu vill Spaass mateneen, no dem Motto „Mat Laachen geet alles besser!".

Dofir hu mir hei och e puer Witzer fir Iech parat:




De Jean-Paul mecht ni seng Hausaufgaben a spillt léiwer de ganze Mëtteg Foussball amplaz ze léieren. Virun der nächster Prüfung riet d'Joffer him an d'Gewëssen: «Wees du wat aus engem Jong gët, deen näischt léiert an ëmmer nëmme Foussball spillt?» «Jo,» äntwert de Jean-Paul, «dee spillt herno bei Bayern München a verdéngt een Heedegeld.» *(Tatjana)*

Den Herr Lehrer seet: «Ich gehe, du gehst, er geht, sie geht... , Pitti, waat heescht daat?» De Pitti seet: «Daat heescht datt se lo all fort sin.» *(Eric)*



D'Schüler studéieren d'Insekten. De Pol seet: «Gëscht hun ech dräi weiblech an zwou männlech Mëcken gesin.» «Ou», seet d'Joffer, «a wéi weess du dann esou genee wat fir eng weiblech a wat fir eng männlech sin?» «Ma déi dräi souzen op engem Spigel an déi aner zwou op engem Béierglas.» *(Tatjana)*

Eng Fra huet dräi Edemen. Si geet mat dem eelsten vun den Edeme spadséieren. Wéi si mat him laanscht e Séi kéint, spréngt si einfach an d'Waasser. Den Edem spréngt hannendrun an hëllt si eraus. Deen aneren Daag steet virum Edem sengem Haus e schéine, neie Mercedes mat engem Ziedel dran op deem geschriwwe steet: «Villmols Merci, deng Schwéiermamm!» Kuerz drop geet si mat dem zweeten vun den Edeme spadséieren. Wéi si mat him laanscht e Séi kéint, spréngt si einfach an d'Waasser. Den Edem spréngt hannendrun an hëllt si eraus. Deen aneren Daag steet virum Edem sengem Haus e schéine, neie Porsche mat engem Ziedel dran op deem geschriwwe steet: «Villmols Merci, deng Schwéiermamm!» Duerno geet si mat dem leschten vun den Edeme spadséieren. Wéi si mat him laanscht e Séi kéint, spréngt si einfach an d'Waasser. Den Edem léisst si am Séi erdrénken a geet einfach weider. Deen aneren Daag steet virum Edem sengem Haus e schéine, neie Ferrari mat engem Ziedel dran op deem geschriwwe steet: «Villmols Merci, däi Schwéierpapp!» *(Eric)*



## 4. Schouljoer

*Lynn Origer, Jasmine Waldbillig, Michèle Kleer, Andy Silva Fortes, Isa-Tatiana Monteiro, Jessica Pires Dos Reis, Lydie Fuchs, Raquel Araujo Almeido, Thibaut Schaillié, Claudia Carvalho Oliveira, Steve Simon, Wendy Delgado Andrade, Kevin Da Costa Timoteo, Luc Mousel*
*Eric Thill, Philippe Graff*

Mir sinn d'4. Schouljoer a si beim Här Mousel an der Klass. Obwuel eise Schoulmeeschter sech heiansdo iwwert eis iergert, si mir trotz allem eng léif Klass.
Dëst Joer hu mir mat der Joffer Lydie, eis Stagiaire, während e puer Wochen vill nei Saache gesinn.
Mir hoffen, dat mir dëst Joer nach vill léieren an dat mir eis d'nächst Joer all am 5. Schouljoer erëm gesinn.



## 4. Schouljoer

*Sharon Schaus, Daniel Kleer, Rui Soares de Pinho, Florine Schaillié, Anna-Bella Pereira, Katy Fernandes Cardoso, Cécile Thein Tamira Berardi, Sarah Darouach, Claire Zanter, Gilberto Alves Lopes, Anne Goerens, Daniel Barbosa Fernandes, Andrea Totaro Marcelo Varela Mata, Kevin Marbes-Bruck*

*Mir Kanner aus dem 4.Schouljoer schécken alle Schierener Leit, déi de «Louis» liesen, e schéine Bonjour*

# AL SCHOULKLASSEN

An der Rumm vun eiser Retrospektive kucke mer des Kéier op d'éischt Schouljoeren zréck vun 1933 - 1934 an 1973 – 1974.

Do derbäi ass och nach e Stonneplang vun 1933, a wat do direkt opfällt ass dat et déi Zäit just ee fräien Nométteg gouf. Wei vill sinn et der dann 2004? Wéivill Vakanzen gett et 2004 méi wi 1933?

Soll d'Pisaétude eppes domat ze dinn hunn ?

## 1933-34 Stundenpläne.

**Die Zahl der wöchentlichen Unterrichtsstunden** beträgt: a) Winter 30 b) Sommer 32

Die Verteilung dieser Unterrichtsstunden wurde vorgenommen gemäß Wochenplan Nr. 7 (Lehrplan, S. 115).

### I. Winterhalbjahr:

| Stunden | Montag | Dienstag | Mittwoch | Donnerstag | Freitag | Samstag |
|---|---|---|---|---|---|---|
| I II III 8-9<br>9-10<br>10-11 | Französ. mündl.<br>" schriftl.<br>Conversation | Rechnen Tafel<br>" still<br>Religion | Französ. Gram.<br>" mündl.<br>Religion | Rechnen mündl.<br>" still<br>" Einschreib. | Religion<br>Französ. Gram.<br>" Read. | Rechnen Tafel<br>" still<br>Religion |
| III IV 8-9<br>9-10<br>10-11 | Französ. schriftl.<br>" mündl.<br>Traduction | Rechnen still<br>" mündl.<br>Religion | Französ. Read.<br>" Gramm.<br>Religion | Rechnen still<br>" Tafel<br>" mündl. | Religion<br>Französ. Read.<br>" Gramm. | Rechnen still<br>" Tafel<br>Religion |
| I II III ½2-½3<br>½3-½4<br>½4-4 | Deutsch Lesen<br>" Aufsatz<br>" Erzählen | Deutsch Erklär.<br>" Memor.<br>Turnen | Deutsch Lesen<br>" Gramm.<br>Französ. Read. | / | Zeichnen<br>Geographie<br>Französisch | Gesang<br>Französ. Lectüre<br>------ |
| III IV ½2-½3<br>½3-½4<br>½4-4 | Deutsch Aufsatz<br>" Lesen<br>Conversation | Deutsch Memor.<br>" Lesen<br>Turnen | Französ. schriftl.<br>" mündl.<br>Deutsch Gramm. | / | Zeichnen<br>Calligraphie<br>Französisch | Gesang<br>Französ. Réd.<br>------ |
| | | | | | | |
| | | | | | | |

### II. Sommerhalbjahr:

| Stunden | Montag | Dienstag | Mittwoch | Donnerstag | Freitag | Samstag |
|---|---|---|---|---|---|---|
| I II III 8-9<br>9-10<br>10-11 | Französ. mündl.<br>" schriftl.<br>Lecture expliquée | Rechnen Tafel<br>" still<br>Religion | Französ. Gramm.<br>" mündl.<br>Religion | Rechnen mündl.<br>" still<br>" schriftl. | Religion<br>Französisch Gram.<br>" Read. | Rechnen Tafel<br>" still<br>Religion |
| III IV 8-9<br>9-10<br>10-11 | Französ. schriftl.<br>" mündl.<br>Traduction | Rechnen still<br>" mündl.<br>Religion | Französisch mündl.<br>" Gramm.<br>Religion | Rechnen still<br>" Tafel<br>" mündl. | Religion<br>Französisch Read.<br>" Gramm. | Rechnen still<br>" Tafel<br>Religion |
| I II III ½2-½3<br>½3-½4<br>½4-½5 | Deutsch Lesen<br>" Aufsatz<br>" Erzählen | Deutsch Erklär.<br>" Memor.<br>Turnen | Französ. Lectür.<br>Deutsch Lesen<br>" Gram. | / | Zeichnen<br>Geographie<br>Französisch | Französisch Réd.<br>Gesang<br>— |
| III IV ½2-½3<br>½3-½4<br>½4-½5 | Deutsch Aufsatz<br>" Lesen<br>Conversation | Deutsch Memor.<br>" Lesen<br>Turnen | Französisch schriftl.<br>" mündl.<br>Deutsch Rechtschr. | / | Zeichnen<br>Calligraphie<br>Französisch | Französisch Conv.<br>Gesang |

# Schüler 1933 – 1934

| Laufende Nummer. | Name und Vorname des Kindes. | Konfession. | Datum der Geburt. | Geburtsort des Kindes | Geburtsland. | Staatsangehörigkeit. | Schulpflichtig geworden zu Beginn des Schuljahres | Schulpflichtig bis zum | Alter am 1. November 1935 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | Bourkel Joseph | id. | 26.2.27. | id. | id. | id. | 1933 | 1940. | 8 |
| | Friedler Emil | id. | 23.12.26. | Colmar | id. | id. | id. | id. | id. |
| | Werdel Lucien | Kath. | 5.1.27 | Petingen | Luxemburg | Luxbg. | 1933 | 1940 | 8 |
| | Thill Jean | id. | 16.12.26. | Schieren | id. | id. | id. | id. | id. |
| | Ney Alexander | id. | 27.4.27. | id. | id. | id. | id. | id. | id. |
| | Fischbach Edmond | id. | 9.9.27. | id. | id. | id. | id. | id. | id. |
| | Reuter Jean | id. | 31.7.27. | id. | id. | id. | id. | id. | id. |
| | Grimmer François | id. | 7.7.27. | Algrange | Frankreich | id. | id. | id. | id. |

D'Meederchersnimm hu mer a kengem Regëster fonnt, duerfir vertraue mer dem Thill's Jang séngem Verhalt: Birchem Marguerite, Clerf Alice, Gengler Ernestine, Ney Renée



*D'Joergäng 1927 an 1928 vum 1. an 2. Schouljoer*
*1.Reih: Clees Beby, Garson Léonie, Nickels Thérèse, Esperanza Valerie*
*2.Reih: Welter Fraci, Jungels J.P., Duschang Albert, Meyrath Joseph, Koster Marcel, Urbing Joseph*
*3.Reih: Clerf Alice, Ney Renée, Gengler Ernestine, Hoffmann Lily, Jacoby Lydie, Hellbach Nelly, Clees Marechen*
*4.Reih: Schwëster Regina, Bourkel Joseph, Thill Jean, Reuter Jean, Ney Alex, Werdel Lucien, Werdel Marcel, Fischbach Edmond, Bley Joseph*

# 1973-1974 Relevé des élèves

| Numéro d'ordre | Année d'études | Nom et prénoms des élèves (à classer suivant les années d'études, par ordre ascendant) Laisser un blanc entre les différentes année d'études | Sexe × garçon | × fille | Confession | Naissance Lieu | Date | Résidence et (ou) Adresse exacte | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | 1 | Beccari Marco | X | | " | Luxembourg | 29.4.67 | " | 2, r. du ruissea |
| | | Bever Patrick | X | | " | Ettelbruck | 7.11.67 | " | 68, r. de Luxbg |
| | | de Boer Frënzi | X | | " | Ettelbruck | 1.8.67 | " | 7, r. des jardi |
| | | Bormann Mireille | | X | " | Ettelbruck | 3.8.67 | " | 6, r. J. P. Schuste |
| | | Friederich Michel | X | | " | Luxembourg | 15.9.67 | " | 67, r. de Luxb |
| | | Garson Astrid | | X | " | Ettelbruck | 5.2.67 | " | 5, r. du ruissa |
| | | Gengler Monique | | X | " | Ettelbruck | 27.12.67 | " | 63, r. de Schrond |
| | | Groben Frankie | X | | " | Ettelbruck | 16.3.67 | " | 10, r. des Champ |
| | | Hamus Christian | X | | " | Luxemb. | 10.3.67 | " | 6, Cité St. Blais |
| | | Juncker Patrick | X | | " | Luxemb. | 3.4.67 | " | 49, r. de Schron |
| | | Lamperts Josiane | | X | " | Ettelbruck | 6.5.67 | " | 24, r. du Caste |
| | | Vols Gaby | | X | " | Ettelbruck | 15.9.67 | " | 52, r. J. P. Thie |
| | | Pauwels Patrick | X | | " | Ettelbruck | 6.4.67 | " | 136, r. de Luxb |
| | | Petit Léonie | | X | " | Ettelbruck | 29.5.67 | " | 123, r. de Luxb |
| | | Rauchs Conny | | X | " | Ettelbruck | 15.12.67 | " | 4, r. des Champ |
| | | Schroeder Fernand | X | | " | Ettelbruck | 11.7.67 | " | 21, r. de Luxbg |
| | | Stolwijk Marci | X | | " | Ettelbruck | 5.9.67 | " | 153, r. de Luxb |
| | | Theis Fernand | X | | " | Ettelbruck | 11.11.67 | " | 74, r. de Schron |
| | | Thillen Marianne | | X | Cath. | Ettelbruck | 31.12.66 | Schieren | 64, r. de Luxbg |
| | | Wagner Liane | | X | " | Ettelbruck | 6.6.67 | " | 8, r. de Schrondw |
| | | Majerus Nicole | | X | " | Ettelbruck | 3.8.67 | " | 105, r. de Luxbg |
| | | Thies Tommy | X | | " | " | 21.10.67 | " | 11, r. de l'Alzett |

# PLANZE VUN ENGEM NËSSERT FIR EIS NEIGEBUERE VUM JOER 2003 AN ENTHÜLLUNG VUN ENGER ERËNNERUNGSPLACK

Samsdes, de 24. Abrëll hat d'Emweltkommissioun zesumme mat der lokaler Gaart an Heem Sektioun an Zesummenaarbecht mat der Gemeng all Elteren, déi d'Gléck haten am Laaf vum Joer 2003 ee Puppelchen op Welt ze setzen, mat hirem Nowues ëm halwer véier bei d'Butzeschoul an d'Gewan invitéiert fir mat eis zesummen als Erënnerung hire Butzen ee Nëssert ze planzen. De Präsident vun der Emweltkommissioun huet an senger Ried de Vertrieder vum Scheffen a Gemengerot, dem Präsident vun der Kultur a Festkommissioun a besonnesch den uwiesenden Elteren Merci gesot dass sie der Invitatioun nokomm sinn a vun dem schéine Wieder profitéiert hunn fir bis an d'Gewan ze kommen. Nodeems mir dat lescht Joer dës Aktivitéit hei an der Gemeng agefouert hunn, planze mir symbolesch ee Bam fir d'Kanner vum Joergank, Viraussetzung d'Elteren mussen zu dem Zäitponkt an eiser Gemeng ugemellt sinn.

De Bam dee mir lo planzen ass ee Nëssert vun der Zort „Juglans Regia" , niewent dem ökologesche Beitrag liwwert hien eis och nach eng nëtzlech a begierte Fruucht. De Präsident huet den Elteren un d'Häerz geluecht vun Zäit zu Zäit mat hire Kanner héi ze passéieren an hinne spéider ze erklären dass dëse Bam speziell fir si gesat gouf, selbstverständlech hu dir awer och de Privileg fir am Hierscht e puer Nëss ënnert dësem Bam obzerafen, heifir musst dir Iech natierlech nach e puer Joer gedëllegen.

Dem Fierschter Jacques Winandy a sengen Aarbechter vun dëser Plaz aus ee grousse Merci fir d'Besuerge vum Bam, d'Aushiewe vum Lach an d'Befestege vum Stamm u Stëtzpfeiler.

Et war dunn un de Pappe fir eng Schëpp an de Grapp ze huelen an eng oder puer Schëppe Buedem bei de Stamm ze werfen, d'Mammen hu sech natierlech net huele gelooss an hunn dat selwecht gemeet, domat war de Bam definitiv geplanzt.



Als Héichponkt vun dësem Joer war d'Enthüllung vun der Erënnerungsplack dem Buergermeeschter Jos Lutgen , dem Päsident vu Gaart an Heem Jos Zeimes an dem Präsident vun der Emweltkommissioun Camille Pletschette virbehalen. D'Plack aus Messéng dréit lénks uewen d'Opschrëft „ Butzepark Ee Bam fir eis Neigebueren," desweidere sinn d'Konturen vum Schierener Gemengenterritoir agefräst an d'Joereszuelen ginn no a no drop befestegt. Fir den Entworf war d'Emweltkommissioun zoustänneg an fir d'Ausféierung den Atelier Bisenius vu Maertzeg. Den Här Buergermeeschter huet sech zefridde gewisen mat der Ausféierung an huet den Initiatore Merci gesot fir hir Kreativitéit. Mir eisersäits soen dem Schefferot Merci fir déi finanziell Ënnerstëtzung vun dësem Projet.

Zum Schluss huet de Jos Zeimes all Uwiesend an d'Buvette vun der Sportshal ageluede fir op Käschte vu Gaart an Heem ee Patt ze drénken an de klengen Honger ze stëllen. No enger Stënnchen gemittlechem Zesummesinn gong dës sympathesch Feier zu Enn.

*CP*



# THEATERFRËNN SCHIEREN

Virun ausverkaaftem Sall hun d'Akteuren Nicole Di Cato, Nicole Berwick, Laurent Lutgen, Jessica Schmitz, Lucienne Pick, Jos. Kempa a Claude Schaus de lëschtegen Dräiakter „ALLES WEI KENG ENGELEN" vum Marc Herman opgefouert.

No wochelaangem Prouwen, hu mir ënnert der Regie vum Jang Hirt versicht eist Bescht ze gin. Datt dat eis gelongen ass, huet de Publikum duurch säin Applaus bei all Szenewiesel bewisen. Sou munchen Laachmuskel ass strapazéiert gin a munnech Tréin ass gewëscht gin vu lauter Laachen.

Theaterfrënn soen de Leit vu Schieren an Ëmgéigend, hirer Famill, hire Frënn a Mêmberen, der Schierener Gemeng an hire Sponsoren e grousse Merci fir hir Ënnerstëtzung. E besonnesche Merci all deenen déi gehollef hun eis schéi Bühn opriichten.

Den nexten Rendez-vous ass eis Generalversammlung den 8. Oktober.

*Lucienne Pick*



# LES PRESTATIONS DU FONDS NATIONAL DE SOLIDARITÉ

1. Le Revenu minimum garanti RMG
2. L'Avance et recouvrement de pensions alimentaires
3. L'Allocation de chauffage
4. Le Forfait d'éducation
5. L'Acceuil gérontologique

## 1. Revenu minimum garanti

### Introduction

Le revenu minimum garanti est subdivisé en 2 prestations :
1. l'allocation complémentaire
2. l'indemnité d'insertion

La gestion, l'octroi et la charge de l'allocation complémentaire incombe au Service National de Solidarité dénommé ci-après le FNS.

La gestion et l'octroi de l'indemnité incombe au Service National d'Action Sociale dénommé ci-après le SNAS.

La charge de l'indemnité d'insertion incombe cependant au Fonds

Conditions générales d' ouverture du droit à un revenu minimum garanti.

### Allocation complémentaire

L'allocation complémentaire est versée aux ménages d'une ou de plusieurs personnes qui sont inaptes aux mesures d'insertion professionnelle ou qui en sont dispensées temporairement. Ladite allocation leurs confère des moyens suffisants d'existance.

1. Résidence effective et autorisée au G-D de Luxembourg
   Il n'y a pas de durée de résidence pour les résidents de nationalité luxembourgeoise de même que pour les ressortissants d'un état membre de l'Union européenne et de l'espace économique européen (Islande, Norvège et Liechtenstein) ainsi que pour les apatrides ou les réfugiés politiques.

   Par contre les ressortissants d'un état non membre de l'UE doivent se prévaloir d'une durée de résidence dûment certifiée de cinq ans au cours des vingt dernières années.
2. être agé de 25 ans et plus
   Exceptions:
   - les personnes majeures (18 ans) inaptes au travail (p.ex. personnes handicapées),
   - les personnes élevant des enfants pour lesquels elles touchent des allocations familiales,
   - les personnes majeures soignant des personnes infirmes.
3. disposer des revenus mensuels inférieurs au plafonds RMG fixés par la loi (voir annexe1).
4. épuiser toutes les autres possibilités prévues par la législation luxembourgeoise
5. ne pas avoir abandonné sans motifs réels et sérieux son dernier emploi (durée d'exclusion au RMG: 6 mois).
6. ne pas avoir été licencié pour faute grave (durée d'exclusion au RMG: 6 mois)
7. ne pas subir une peine d'emprisonnement supérieur à 1 mois.
8. ne pas être en jouissance d'un congé sans solde non motivé.
9. solliciter l'indemnité d'insertion auprès du SNAS.

Indemnité d'insertion.

L'indemnité d'insertion est accordée aux personnes aptes á suivre les mesures d'insertion.

Outre les conditions sous 1 à 9 ci-avant les conditions spécifiques suivantes sont requises :

1. âgé de moins de 60 ans
2. apte à suivre les activités d'insertion
3. ne pas être soumise à une mesure de réinsertion organisée par l'ADEM et ne pas avoir rompu une telle mesure
4. disponible pour le marché de l'emploi sauf dispense SNAS

**L'organisation des activités d'insertion** relève de la compétence du SNAS. Lesdites activités prennent la forme d'affectation temporaire à des travaux d'utilité collective auprès de l'Etat ou à des stages en entreprise.

**Rémunération:** L'indemnité est égale au taux horaire du salaire social minimum pour un travailleur non qualifié multiplié par le nombre d'heures à fournir. Le paiement de l'indemnité d'insertion est assurée par le FNS sur déclaration du SNAS.

**La décision** concernant l'octroi et le retrait est prise par le SNAS et comporte un droit de recours devant les juridictions sociales. Le refus de participer à une mesure d'insertion peut entraîner le refus de l'allocation complémentaire.

Montants du revenu minimum garanti.

Le RMG est fxé en fonction de la composition de ménage du demandeur.

Par contre les personnes suivantes sont considérées comme formant seules une communauté domestique :

- Les personnes vivant dans le ménage de leurs descendants
- Les personnes majeures infirmes vivant dans le ménage de leurs descendants ou leur frère ou sœur
- Les personnes recueillies par pitié

p.ex. un ménage monoparental ayant deux enfants à charge = barème RMG 1 adulte et 2 enfants.

Si le bénéficiaire doit s'acquitter d'un loyer le RMG est augmenté d'une bonification maximale pour loyer de 123,95 € et calculée en fonction du loyer à verser.

p.ex. le demandeur seul doit payer un loyer net de 200 €. Conformément aux dispositions légales, il y a lieu de déduire un montant de 10% du RMG brut dû c'est-à-dire 10% de 999,35 €. Ce montant est à déduire du loyer net à verser.

Donc 200-99,94=100,06 € = montant dû à titre de bonification loyer.

Détermination des revenus du ménage.

Quels sont les revenus à prendre en considération?

Voir annexe 2 – détermination des ressources

L'office social qui a avancé le revenu minimum garanti est remboursé par le Fonds.

Après avoir verifié les conditions générales le Fonds signale les ayants droit au SNAS qui se prononcera sur les mesures d'insertion.

Le Service National d'Action Sociale transmet une décision avec indication des voies de recours aux intéressés concernant l'indemnité d'insertion.

En pratique tous les autres organismes travaillant dans le domaine social (centre médico-social, centres thérapeutiques, centres d'accueil de nuit et de jour etc.) s'en chargent par ailleurs pour l'établissement des demandes.

Présentation des demandes et procédures.

Les demandes peuvent être présentées auprès

- du Fonds National de Solidarité
- de l'Office Social de la commune de résidence
- du Service National d'Action Sociale

agissant comme organismes compétents pour l'exécution de la loi sur le revenu minimum garanti.

Les offices sociaux peuvent prendre des décisions dans les 30 jours concernant le droit au RMG et transmettent dès lors le dossier au Fonds.

Le Fonds transmet sa décision dans les trois mois suivant le mois de l'introduction de la demande. Cette décision comporte un droit de recours devant le Conseil Arbitral des Assurances Sociales.

Révision de l'allocation complémentaire.

Les dossiers sont révisés périodiquement par le FNS. En cas de diminution de l'allocation complémentaire les sommes indûment payées peuvent être récupérées. La restitution est obligatoire si l'attributaire a omis de signaler des faits importants ou s'il a provoqué l'allocation en alléguant des faits importants.

Contrôles.

Les agents du Fonds sont autorisés à effectuer des contrôles au domicile des intéressés afin de vérifier et de réexaminer les conditions d'attribution. Les visites à domicile ne peuvent avoir lieu qu'entre 6.30 et 20.00 heures.

Les parties 2 à 5 suivront dans une prochaine édition du «Louis».

*C. Pletschette*

## WARUM ES ENDE FEBRUAR IM KALENDER EINEN SCHALTTAG GIBT PÄPSTLICHES JAHRTAUSENDWERK

Der Februar hatte in diesem Jahr wieder einen Tag mehr als sonst. Der Grund: Alle vier Jahre werden am 29. Februar das astronomische Jahr mit seinen 365,24219879 Tagen und das nur 365 Tage umfassende Mondjahr wieder in Übereinstimmung gebracht. Die Regelung geht auf einen Mann der Kirche zurück: auf Papst Gregor XIII. Er setzte 1582 seine Kalenderreform durch.

In der Regel hat das Jahr 365 Tage. Das ergibt gegenüber dem „astronomischen Jahr" eine Differenz von 0,24219879 Tagen, also rund fünf Stunden mehr. Eigentlich minimal. Doch in Jahrhunderten können diese kleinen Zeitein-heiten schon zu Wochen und Monaten anwachsen. Deshalb wird dies alle vier Jahre mit dem 29. Februar als zusätzlichem Schalttag ausgeglichen.

Schaltjahre sind jene Jahre, deren letzten beiden Ziffern durch vier teilbar sind. Ausgenommen sind aber jene vollen Jahrhunderte, die nicht durch 400 teilbar sind. Keine Schaltjahre waren also die Jahre 1700, 1800 oder 1900 – wohl aber das Jahr 2000. Mit dieser auf Papst Gregor XIII. zurückgehenden Regelung

wird die Differenz von im Mittel 674 Sekunden weitgehend ausgeglichen, die zwischen dem astronomischen Sonnenjahr und der Schaltjahrpraxis besteht.

Bereits die Kulturvölker wie die Ägypter oder Babylonier erkannten, dass die Zeit sich nach den Himmelserscheinungen einteilen lässt. Der Tag beispielsweise ist aus der Zeitspanne zwischen zwei Sonnenuntergängen abgeleitet und der Monat aus, jener zwischen zwei gleichartigen. Mondphasen. Aus diesen Erkenntnissen entwickelten sie ein „Rundjahr" mit zwölf Monaten zu je 30 Tagen und haben diesem Kalender dann später fünf Schalttage je Jahr beziehungsweise einen zusätzlichen Schaltmonat hinzugefügt.

Dieser Kalender wurde in weiter entwickelter Form der „Julianische Kalender" mit seinen 365,25 Tagen, den Julius Cäsar im Jahr 46 vor Christus im Römischen Reich einführte. Da bei der Julianischen Kalenderreform das Jahr mit 365,25 um 0,0078 Tage zu lang berechnet wurde, verschob sich, trotz eingerichteter Schaltjahre – das Kalenderjahr gegenüber dem Sonnenjahr immer weiter nach „hinten", so dass bereits im 16. Jahrhundert die Differenz auf rund zehn Tage angewachsen war.

Dass der 31. Dezember auch nach dem Sonnenjahr wieder der 31. Dezember ist und damit der Kalender wieder mit der Sonnenumrundung durch die Erde übereinstimmt, ist Papst Gregor XIII. (1572-1585) zu verdanken. Die Umlaufzeit der Erde um die Sonne, das so genannte Sonnenjahr, deren Einheit der bürgerlichen Zeitrechnung dient, wird als das „tropische Jahr" bezeichnet; es hat genau 365,2422 mittlere Sonnentage, während das „Gregorianische Jahr" 365,2425 Tage zählt. Mit der Bulle „Inter gravissimas" vom 24. Februar 1582 setzte Papst Gregor XIII. seinen „reformierten Kalender" in Kraft. Um die angewachsenen überzähligen Tage zu streichen, folgte auf Donnerstag, den 4. Oktober 1582, unmittelbar Freitag, der 15. Oktober 1582.

Das hatte etwa zur Folge, dass die heilige Teresa von Avila, die am 4. Oktober 1582 starb, am Tag darauf und damit am 15. Oktober 1582 – ihr heutiger Gedenktag begraben wurde.

Der neue „Gregorianische Kalender" war durch neue Schaltregeln so exakt, dass erst im Jahr 4500 die Abweichung vom, Sonnentag etwa einen Tag beträgt und die Abweichung des Frühlingsanfangs bis zum Jahr 8000 noch unter einem halben Tag bleibt. In dieser Kalenderreform liegt die eigentliche kulturhistorische Tat dieses großen Papstes. Sie war weit mehr als ein „Jahrtausendwerk".

Doch die Einführung des Kalenders machte 1582 zunächst enorme Schwierigkeiten. Die katholischen Länder richteten sich zwar umgehend nach dem neuen Kalender, die protestantischen Gebiete aber lehnten diesen „papistischen Kalender" in der angespannten nachreformatorischen Zeit durchweg ab. Die Folge: Über 100 Jahre galten in vielen katholischen und evangelischen deutschen Gemeinden verschiedene Termine für Feiertage wie Weihnachten, Ostern oder Pfingsten; und von Gemeinde zu Gemeinde wurden die Sonntage unterschiedlich gefeiert.

In Deutschland wurde der Gregorianische Kalender ab dem 1. März 1700 per Reichstagsbeschluss für alle deutschen Einzelstaaten verpflichtend angeordnet. Der Universalgelehrte Leibniz hatte sich dafür besonders eingesetzt, um innerhalb der deutschen Kleinstaaterei mit ihren unterschiedlichen und auch wechselnden Konfessionsmehrheiten einen einheitlichen Kalender zu schaffen. Erst 1752 folgte England, 1753 Schweden, 1872 Japan. In Russland war es Lenin, der per Dekret zum 1.1.1918 den päpst-lichen Kalender einführte. 1923 übernahmen Griechenland und 1924 die griechisch-orthodoxe Kirche den Kalender; die Türkei folgte 1926, und seit 1949 richtet sich auch die Volksrepublik China nach diesem inzwischen weltweit anerkannten Kalender.

Versuche, neue Kalender, wie etwa den französischen Revolutionskalender vom 14. Juli 1790 oder den faschistischen Kalender in Italien vom 28. Oktober 1922 anstelle des „Gregorianischen Kalenders" zu stellen, scheiterten.

*C. Pletschette*

## Februar 2004

| Mo | Di | Mi | Do | Fr | Sa | So |
|---|---|---|---|---|---|---|
| | | | | | | 1 |
| 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | 8 |
| 9 | 10 | 11 | 12 | 13 | 14 | 15 |
| 16 | 17 | 18 | 19 | 20 | 21 | 22 |
| 23 | 24 | 25 | 26 | 27 | 28 | 29 |

# Schierener Maifestationskalenner
# Fir Mai-September 2004

| DATE | SOCIETE | GENRE |
|---|---|---|
| **Mai** | | |
| 01.05.2004 | D' Verainer | 1. Meefeier |
| 08.05.2004 | Jugend | Generalversammlung |
| 11.05.2004 | Porgemeinschaft | Oktave |
| 20.05.2004 | Football-Club | Tournoi des Jeunes |
| 22.05.2004 | Basket | Jugendturnéier |
| 23.05.2004 | Basket | Jugendturnéier |
| 29.05.2004 | Musék | Kiirmes |
| 30.05.2004 | Musék | Kiirmes |
| **Juni** | | |
| 05.06.2004 | Basket-Ball-Club | Quiz-Owend |
| 12.06.2004 | Basket-Ball-Club | Night Basket |
| 12.06.2004 | Gaard an Heem | Mammendagsfeier |
| 13.06.2004 | Commission des étrangers | Fête populaire |
| 13.06.2004 | Porgemeinschaft | Fronleichnamprozessioun |
| 20.06.2004 | Turnveràin | Summerfest |
| 23.06.2004 | Gemeng | Nationalfeierdag |
| 25.06.2004 | Football-Club | assemblée générale |
| **Juli** | | |
| 04.07.2004 | Musék | Summerfest |
| 09.07.2004 | Basket-Ball-Club | Generalversammlung |
| 09.07.2004 | APECS | Schoulfest |
| 10.07.2004 | Jugend | Nuetsrallye |
| 26.07.2004 | Jugendkommissioun Gemeng | Vakanzaktivitéiten |
| 10.bis 25.07. | Tennis-Club | Tournoi Marcel Nilles |
| 28.07.2004 | Amiperas | Grillfest |
| **August** | | |
| **September** | | |
| 02.09.2004 | Amiperas | Eisekuchen Valisplaz |
| 02.09.2004 | Supporterclub | Iessen |
| 12.09.2004 | Pompjeën | Pouletsfest |
| 22.09.2004 | Turnverain | Generalversammlung |
| 24.09.2004 | Sportskommissioun | Sportleréierung |
| 25.09.2004 | Gaart an Heem | Quetschefest |

Source : Festkalenner Gemeng Schieren

